

Marque nationale, andeem dass mer d'Personal vum Stat iwwerhuelen, dass déi kënnen eriwweergoen an de Fonds de solidarité fir Werbe- a fir Marketingzwecker, ouni dass dobäi fir de Produzent de Präis vun der Collette méi deier gëtt. Do kommen also méi Sue fir Werbung a Promotioun fir de Lëtzebuerger Wäin ze maachen an der neier Commission de promotions dobäi fir d'Lëtzebuerger Wäiner a Crémanten.

An der Marque nationale sinn iwwerengs, dat wëll ech och deene Leit soen, déi maache wéi wann näischt geschitt wär, sécher Reformen duerchgefouert ginn. Ech mengen, Dir wësst dat alleguerten. Mir hu schonn hei doriwwer geschwat. Et steet effektiv eng grouss Reform vun der Marque nationale nach an d'Haus. Ech hunn ëmmer gesot, dass et mäin Zil wär fir d'Reform vun der Marque nationale nach weiderzeféieren, an datt niewent den analyteschen an organolepteschen Tester och zousätzlech Kritäre missten agefouert gi fir gewësse Mentiounen.

Mä fir dëst awer kënnen ze maache muss een eng Rei vu Viraarbechte maachen a vu relativ wäitgehenden Etüden an Analysen, wéi zum Beispill d'Warenklassifizierung, wéi zum Beispill den Terroir analyséieren. An hei muss een iwwer méi Jore mikroklimatesch déi natierlech Bedingunge vum Terroir observéieren, analyséieren, dat jährelecht Mostgewicht vun den Drauwe muss festgehale ginn, d'Ofgrenzung vun de Lieuditë muss gemaach ginn an d'Expositioun vum Wéngert huet eng wichteg Bedeitung. A wann dës Analysen eng Kéier fäerdeg sinn, da kann een déi zweet Etapp vun der Reform entaméieren.

Wéi gesot, mir sinn um Wee fir dat weiderzeféieren. De Problem vun der Salle de dégustation ass hei net ugeschwat ginn. Do hu mer mat dem Bauteministère en neie Projet versicht an d'Weeër ze lee-den.

Da wëll ech nach vläicht zwou Minutten hunn, Här President.

**(Brouhaha général)**

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Bei deem Minister, soen ech nach eng Kéier, ass et sinnlo-ses Unterfangen...

M. le Président.- Loosst den Här Minister elo nach déi zwou Minutte schwätzen!

M. Jos Scheuer (LSAP).- D'Riedezäit gëtt festgeluecht vun der Conférence des Présidents. Déi hu kee Verhältnis zu dësem Projet gehat.

M. le Président.- Här Scheuer, kommt mir loossen den Här Minister elo nach schwätzen.

M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural*.- Also, ech hätt mech jo konzentréiere kënnen op dat wat am Projet steet, mä vu dass awer eng Partie Leit gesot hunn do wär net esou vill geschitt, a vun der Marque nationale geschwat hunn, vun der Pricewaterhouse-Etüd, dunn hunn ech gemengt misst ech awer och e puer Wuert doriwwer soen.

Den Här Scheuer huet sech wid- dersprach, dat wëll ech nach eng Kéier soen.

**(Brouhaha général)**

An den Här Mehlen mécht dat per- manent. Op déi eng Manéier kriti- séiere se ëmmer, dass déi Price- waterhouse-Etüd misst komplett ëmgesat ginn. Op déi aner Ma- néier hätte se gären, dass de Wäib- bauinstitut och soll verstärkt ginn. Bédies geet net matenaner, well d'Pricewaterhouse-Etüd hätt gä- ren, dass e groussen Deel vun den Aufgabe vum Wäibbauinstitut sollte vum Beruff gemaach ginn. Ech hu probéiert fir dat vu Beruffsdeeler maachen ze loossen, dat ass awer

net méiglech gewiescht, well de Beruff sech net do zesummefonnt huet, fir déi Aufgab kënnen ze maachen.

**(M. Jean Spautz reprend la Présidence)**

Dofir hu mer gemengt, dass et emol wichteg wär de Wäibbauinsti- tut ze stäerken, fir dass dee seng Missioun ka besser ausüben. Dat ass de Sënn an den Zweck vun dë- sem Gesetz. A wann Dir vun en- gem Gesamtkonzept schwätzt, da muss een emol soen, wat ass dann dat. Da muss een d'Produktioun kucken, ob déi verbessert ginn ass. Ech hunn am Ufank drop hige- wisen, datt vill Efforte gemaach gi si fir d'Produktioun ze verbesseren, dass d'Agrargesetz, fir d'Produk- tioun ze verbesseren, dat ën- nerstëtzt a stäipt. Dofir ass d'Agrar- gesetz do. Dofir ass net d'Gesetz iwwert den IVV do. D'Agrargesetz hëlleft d'Produktioun ze verbesse- ren.

Une voix.- Den IVL.

Une autre voix.- Den IVV.

**(Hilarité)**

M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural*.- Wat d'Personal ubelaangt, esou hu mer eng Rei vun deene Propositione vun der Pricewaterhouse-Etüd ëm- gesat, anerer si mer amgaangen ëmzesetzen. Dat verlaangt awer Etüden. Do gi mer also an déi Rich- tung.

Am drëtten Beräich, wat de Marke- ting ubelaangt, hunn ech mat vill Efforten d'Wénzer iwwerzeegt, fir op d'mannst déi Commission de propagande do ze maachen. Do ass eng Expertin agestallt ginn. Ech hoffen, dass do dann och eng besser gemeinsam Promotioun ge- maach gëtt. Si hunn och vill méi Suen zur Verfügung gestallt kritt fir déi Promotioun do ze maachen. Al- so ech ginn där Propositionskom- missioun eng gutt Chance, de Mar- keting vum Lëtzebuerger Wäin...

**(Coups de cloche de la Présidence)**

M. le Président.- Den Här Minister wëllt elo Schluss ma- chen, mä Dir loosst en net. Dir schwätzt an engem Stéck derté- schent.

**(Hilarité et brouhaha général)**

Dir hutt dauernd dertéschent ge- schwat.

M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural*.- ...am In- land an am Ausland ze verbesse- ren. Ech si gudder Déng, dass den IVV dobäi wesentlech hëllefe kann. Ech sinn iwwerzeegt, dass dat hei- ten e gudde Projet ass, an ech hätt gehofft et géif jiddferen e stëm- men. Ech bedauern, dass den Här Scheuer, ech weess net aus wat fir enge Grënn, an den Här Mehlen en net kënne mat droen.

Merci.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- An Ärer Zäit, déi mer lech geschenkt hunn, maacht Der dem Här Scheuer nach Frechheeten.

**(Hilarité)**

Dat geet net.

**(Interruptions diverses)**

M. le Président.- D'Diskus- sioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Arti- kele vum Projet de loi 5003 a stëm- men driwwer of.

**Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)**

D'Artikelen 1 bis 9 si gelies an uge- hull.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 5003.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si entha- le sech.

De Projet de loi 5003 ass mat 34 Jo-Stëmmen an 23 Enthaltungen ugeholl.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Patrick Santer), M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert (par M. Marco Schank), Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Ni- co Loes) et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Betten- dorf, Emile Calmes (par M. Gusty Graas), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Jeannot Belling), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rip- ping, Marco Schroell (par M. Xa- vier Bettel), John Schummer et Théo Stendebach.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Assel- born, Alex Bodry (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Mady Delvaux- Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jean Assel- born), MM. Ben Fayot, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par Mme Mady Delvaux-Stehres);*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibé- rryen (par M. Aly Jaerling), Fernand Greisen, Aly Jaerling et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Gar- cia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass esou decidéiert.

Mer kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 5115 iwwert d'Beneluxgesetz vun de Marken. Et si schonn ageschriwwen: d'Madame Delvaux-Stehres an den Här Grei- sen. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här John Schummer.

**4. 5115 - Projet de loi portant approbation du Protocole portant modification de la loi uniforme Benelux en matière de dessins ou modèles, signé à Bruxelles, le 20 juin 2002**

**Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports**

M. John Schummer (DP), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, beim Projet 5115 handelt et sech ëm d'Appro- batioun vum Protocole portant mo- dification de la loi uniforme Bene- lux en matière de dessins ou mo- dèles, deen zu Bréissel den 20. Ju- ni 2002 ënnerschrifwe ginn ass.

De Projet ass hei an der Chamber de 4. Abrëll 2003 déposéiert ginn. Den 21. März 2003 ass de Projet dem Conseil d'Etat virgeluecht ginn, an deeselwechte Conseil d'Etat huet säin Avis den 3. Juni 2003 ginn a war och mat deem Projet esou d'accord.

Den 2. Juni 2003 huet d'Kommis- sioun mech als Rapporteur ge- nannt an ech ka virausgräifen a soen, dass de Rapport eestëmmeg vun der Kommissioun ugeholl ginn ass.

Et geet an dësem Projet drëm d'Di- rektiv 98/71CE vum 13. Oktober

1998 an eis national Législatioun ze iwwerhuelen. Heimat ginn déi national Législatiounen, déi oft ganz ënnerschiedlech waren, har- moniséiert. Et gëtt och den Titel: „Le dessin ou modèle communau- taire“ ageféiert, deen den eu- ropäesche Créateurs et méi ein- fach maache soll, fir Designer iw- wert déi national Grenzen eraus europäesch ze schützen.

D'Kritären, déi zrëckbehale gou- fen, sinn d'Nouveautéit an de Ca- ractère individuel. D'maximal Du- rée vun der Protektioun ass op 25 Joer eropgesat gi vum Dépôt vum Projet un.

Et muss ee soen, dass bis elo wéi- neg Designer déposéiert sinn. Wann och d'Haaptinteressenten aus der Textilbranche, der Miwwel- branche, der Bijouxbranche an der Branche vun diversen dekorativen Objeté kommen, esou war et awer d'Automobilsbranche komescher- weis, déi d'Diskussiounen largement dominéiert huet. Effektiv hat d'Kommissioun Angscht, dass d'Constructeurs automobiles déi nei europäesch Législatioun géife monopoliséiere fir hir Ersatzstécker ze enregistréieren an esou dee Marché praktesch ze blockéieren.

No véier Joer penibeler Diskus- sioun, ouni dass e Resultat eraus komm ass, ass decidéiert ginn, net op den Automobilersatzstécker ze harmoniséieren, mä den eenzelne Länner eng gewësse Libertéit an där Matière ze iwwerloossen. Dëse Kompromëss gëtt 2004 nach eng Kéier réévaluéiert. Weider Adapta- tiounen sinn d'Exklusivum vum Cu- mul de protection par la LBDM, an d'Protection contre la concurrence déloyale a été supprimée.

Zum Gesetz, wat mer den 19. Juni 2003 hei an der Chamber gestëmmt hunn, d'Modification de la loi uniforme Benelux, ass e Regëster vun de Mandataires agréés agefouert ginn. Vu dass awer nach relativ Schwiereregkeete si fir d'Formatioun an d'Exame vun de Kandidaten, ass decidéiert ginn, dass de Règlement d'exéc- ution eréischt a Kraaft kann trieden, wann eng Infrastructure adéquate en place ass.

Voilà, Här President, kuerz de Rap- port zu dësem Projet. Ech brénge gleichzäiteg den Accord vu men- ger Fraktioun. Wann ee gäre méi Detailler hätt, verweisen ech op de schrëftleche Rapport.

Merci.

M. le Président.- Här Cle- ment, Dir hutt d'Wuert gefrot.

**Discussion générale**

M. Lucien Clement (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt just merci soe fir de schrëftleche Rapport an den Accord vun der CSV-Fraktioun ginn.

M. le Président.- D'Wuert huet d'Madame Mady Delvaux- Stehres.

Mme Mady Delvaux-Steh- res (LSAP).- Här President, dëse Projet ass ganz schnell duerch d'Institutionne gaangen a mir wël- len de Vote och net ophalen. D'LSAP gëtt hiren Accord zu dë- sem Gesetz.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Greisen.

M. Fernand Greisen (ADR).- Här President, och vun eiser Säit aus e Merci un all déi Leit, déi un deem Projet geschafft hunn. Et ass e rapide Projet. Ech bréngen den Accord vun der Fraktioun.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Minister.

M. Henri Grethen, *Ministre de l'Economie*.- Här President, well bei deem Projet virdrun iwwerzu gi war, well ech lech Zäit zrëck schenken.

Ech soen all deene merci, déi inter- venéiert sinn, an hoffen dass dëst

Gesetz wäert d'Unanimitéit maa- chen.

M. le Président.- D'Diskus- sioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Article unique vum Projet de loi 5115 a stëmmen driwwer of.

**Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)**

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 5115.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si entha- le sech.

De Projet de loi 5115 ass mat 56 Jo-Stëmmen an enger Abstentioun ugeholl.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Patrick Santer), M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert (par M. Marco Schank), Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par Mme Marie-Josée Frank), Lucien Weiler et Claude Wi- seler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Betten- dorf, Emile Calmes (par M. Jeannot Belling), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. John Schummer), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rip- ping, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Mars Di Bartolomeo, Ben Fayot, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibé- rryen (par M. Fernand Greisen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Robert Mehlen), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Aly Jaerling) et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Gar- cia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

*S'est abstenu: M. Serge Urbany.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass esou decidéiert.

Mir kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 5143 iwwert den natio- nale Beschäftigungsplang. D'Rie- dezäit ass nom Modell 1 festge- luecht. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Lux, Krieps, Jaerling, Ur- bany a Bausch. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marcel Gle- sener.

**5. 5143 - Projet de loi portant modification des articles XXIV et XXX de la loi modifiée du 12 février 1999 concernant la mise en œuvre du plan d'action national en faveur de l'emploi 1998**

**Rapport de la Commission spéciale „Plan d'action national en faveur de l'emploi“**

M. Marcel Glesener (CSV), *rapporteur*.- Här President, Kolle- ginnen a Kolleegen, nodeem Der jo d'Méiglechkeet hat mäi schrëft- leche Rapport am Detail ze liesen, kann ech mech relativ kuerz faasse fir verschidde Saachen nach ze er- läuteren, déi vläicht net esou kloer



aus dem schréffleche Rapport ervirginn.

Eng vun den Haaptaufgaben, mir wëssen dat vun der Spezialkommissioun, sinn d'Aarbechte vun der Tripartite ze begleeden an um Ofschloss vun der Tripartite, no Accord oder net, déi noutwendeg a sech opdrängend politesch Entscheedungen an der Chamber ze treffen.

Dat huet konkret ugefaangen 1990, wéi mer hei an der Chamber déi vill gewënschten Orientéierungsdebatt iwwert den Emploi haten, wou mer eng ganz Rei vu Propositionne gemaach hunn. Dat war ier den europäesche Sozialsommet hei zu Lëtzebuerg war. Duerno waren dann déi Tripartitesverhandlungen, déi sech laang higezunn hunn, awer zu engem Accord fonnt hunn an agemünt sinn an e Projet de loi 1998, deen an der Spezialkommissioun, déi do an d'Liewe geruff gouf, zu laangen Diskussiounen Ulass ginn huet. Et war u sech dat de Moment, wou ee gesinn huet a wellecher Form e Parlament kann déi Tripartite begleeden an d'Responsabilitéit politesch iwwerhuele par rapport zu deem wat ofgemaach gouf oder och manner kloer ofgemaach gouf tëschent de Sozialpartner an der Regierung.

Mir hunn um Anschluss vun deenen Débaten a vun dem PAN-Gesetz 1999 eng Motioun hei an der Chamber praktesch eestëmmeg verabschiedet, well mer gesot hunn, datt d'Parlament och an der Zukunft de Wonsch zum Ausdrock bréngt, mat agebonnen ze ginn an d'Diskussiounen vun der Tripartite, ouni awer d'Responsabilitéit ze iwwerhuelen, déi d'Sozialpartner mat der Regierung an der Tripartite ze iwwerhuelen hunn, mä wou mer awer eis mussen a Kenntnis dovunner setze wéi déi Diskussiounen lafen. An deem zur Folleg huet och d'Regierung déi Motioun akzeptéiert an den Aarbechstsminister, deen 1999 d'Funktionen iwwerholl huet, war regelméisseg virun der Tripartite, während der Tripartite an no der Tripartite Gaascht, an net nëmme Gaascht, mä en huet kollaboréiert an der Spezialkommissioun, wat eis dann och à même gesat huet eng gutt Aarbecht ze maachen, no deene monumentalen Aarbechten, déi mer gemaach hunn, déi zum Tripartitesgesetz vun 1999 gefouert hunn.

Eng éischt Revisioun vum Tripartitesgesetz hu mer no Accorden, déi getraff gi sinn an der Tripartite, hei an der Chamber diskutéiert an déi éischt Revisioun war den 8. Mäerz 2002, wou eng Rei Klorheete geschafe gi sinn, eng Rei Konklusiounen gezu gi si par rapport zu deem wat 1999 ofgemaach ass ginn a wat net esou an der Realitéit funktionéiert huet.

Ech mengen, mir hunn och hei am Parlament eng gutt Aarbecht gemaach an et ass do zu enger neier Tripartitesronn komm, déi debutéiert huet de 26. Mäerz 2003 an ech wëll elo net déi Berodunge vun der Tripartite bewäerten. Ech wëll mech och net ausloossen driwwer, ob do vläicht méi diskutéiert ass ginn a manner décidéiert ass ginn oder ob et de Contraire war, mä et war esou datt effektiv mer à tout moment informéiert waren an och der Regierung eng Rei vun Ustéisss ginn hu fir hir Positioun an deenen Tripartitesitzungen zum Ausdrock ze bréngen. Dat war de 26. Mäerz, den 22. Abrëll, an d'Tripartite huet de 5. Mee 2003 ofgeschloss.

Festzehale bleift, an ech mengen dat muss mer eis ëmmer virun Aen halen, datt eng ganz Rei vu wichtege Bestëmmungen, déi am Tripartitesgesetz vum 12. Februar 1999 festgehale gi sinn, ausgelaf sinn oder auslafen den 31. Juli vun dësem Joer. Et ass drëm gaangen déi politesch Responsabilitéit hei ze iwwerhuelen, ob déi verschidde Moossnamen, déi auslafen den 31. Juli, a verännerter Form oder an der gläichlautender Form weider solle lafen oder net. Dat war also de groussen Challenge, deen och an dëser Tripartitesronn louch.

Mir mussen wëssen, datt virun allem dann déi zum Auslafe kommen, déi wichteg sinn an e wesentleche Bestanddeel vum PAN-Gesetz beinhalten, notament de Congé parental, virun allem awer och d'Interventioun vum Stat bei Betriber, déi Leit astellen, déi an deene Betriber ënnerrepräsentéiert sinn, an zum anerem ass awer e wesentleche Punkt all déi Bestëmmungen ëm d'Aarbechtszäitorganisatioun wéi d'Referenzperioden, wéi de POT an esou weider.

D'Tripartite ass zur Konklusioun komm, datt opgrond vun de verännerten, wirtschaftleche Bedingungen, verbonne mat enger bedrohlecher Zounahm vun der Aarbechtslosegkeet, et net sënnvoll wier fir elo an dësem Moment eng grouss a laang ugeluechten Diskussioun ze féieren iwwer Reformen an der Aabechtszäitorganisatioun ënner anerem, mä virun allem emol ze waarden a sech emol Zäit ze loosse wéi a wellech Auswierkungen déi verännert wirtschaftlech an aarbechtsmaartpolitesch Situatioun hei zu Lëtzebuerg hunn a wéi wäit déi bestoend Moossnamen, déi 1999 an 2002 verbessert gi sinn, géife wierken an engem verännerte wirtschaftlechen Umfeld. An dofir war et gutt, géif ech soen, datt gesot ass ginn, datt fir d'éischt emol all déi auslafend Bestëmmungen, déi elo den 31. Juli zum Auslafe kommen, ouni wesentlech verännert ze ginn, nëmme sollten op onbestëmmten Zäit, respektiv an engem festgesatenen Zäitraum weiderlafen a weider fonctionnéieren.

Deem zur Folleg sollen eng Rei Moossnamen op onbestëmmten Zäit verlängert ginn, wéi de Congé parental. Aner Moossnamen, wat d'Aarbechtszäitorganisatioun betrëfft, soll ee sech eng Observationsperiod i ginn, déi den 31. Dezember 2006 ofleeft a wou da sollen opgrond vun Diskussiounen an der Tripartite nei legislativ Moossname getraff ginn, spéitstens fir den 31. Juli 2007.

Doriwwer eraus sinn awer eng ganz Rei weider Ännerungen zu de Bestëmmungen an de Projet mat agefloss, op déi ech elo am Detail net aginn, mä Dir fannt se a mengem schréffleche Rapport zur Genüge an am Detail erëm.

De Statsrot huet den 10. Juli säin Avis ginn. Dat war also déi lescht Woch en Donneschdeg, an de Statsrot huet zu Recht festgestallt a gesot, datt an Ermangelung vun den Avisé vun de Beruffschamberen, souwuel vun de Patronatsberuffschambere wéi vun de Saliatsberuffschamberen, mat Ausnahme vun engem Avis vun der Fonction publique, absolut keen Avis géif virleien, dach awer eng Rei wesentlech, an hirer Optik, Verännerungen zousätzlech zu deene Verlängerungsmoossnamen, déi mussen getraff ginn, am Projet wieren an de Statsrot net à même war, an där kuerzer Zäit déi him zur Verfügung stoung, dat heescht e puer Deeg, fir en detailléierten Avis ze maachen an en huet gesot a proposéiert fir nëmmen an enger éischter Phas elo, well et noutwendeg a wichteg ass, déi Moossnamen, déi elo den 31. Juli oflafen, tel quel ze verlängeren, an da sech Zäit ze loossen, fir opgrond vun Avisen, déi d'Beruffschamberen awer mat Sécherheet erabréngen, a sous entendu datt mëttlerweil och d'Regierung e Reformprojet iwwert de Congé parental op den Instanzewee ginn huet, eng global Diskussioun kënnen ze féieren, fir dann d'Chamber och ze beroden. A wéi Recht de Statsrot mat deem Virschlag hat, erkläert d'Tatsaach, datt e Méindeg, nodeem mer schonn de Rapport vun eise Réunioun praktesch duerchdiskutéiert haten, mer eréischt en Avis kritt hu vun der Arbeiterkammer.

Mir hunn haut de Moien en Avis kritt vun der Chambre des Métiers zu deem Projet. A mir hu virun enger Stonn en Avis kritt vun der Chambre de Commerce zu deem Projet.

A wann de Statsrot net dat do gesot hätt, da wiere mer bestëmmt an der Kommissioun zur Konklusioun komm, well mer guer keen Avis vun enger Beruffschamber haten, wier et net sënnvoll gewiescht do fundamental weider Verännerungen duerchezéien an Ermangelung vun Avisé vun deenen, déi et betrëfft an déi um Terrain d'Responsabilitéit fir d'Applikatioun vun deene Bestëmmungen ze droen hunn.

An dofir war et richtig a gutt, datt d'Kommissioun e Méindeg de Moien, nodeem mer den Avis vum Statsrot eréischt en Donneschdeg kritt hunn, sech dann och dem Statsrot ralliéiert huet an opgrond och vun deem well de Statsrot gesot huet, wa mer awer géifen an der Chamber de gesamte Projet zur Diskussioun stellen, en net kënn eis d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel ginn.

Bon, onofhängeg dovunner, si mer zur Konklusioun an der Kommissioun komm, fir eis an dëser Phas ze begnüge mat der Verlängerung vun deene Moossnamen, déi mussen getraff ginn, well mer jo net an eis Responsabilitéit kënnen huelen, datt de Congé parental zum Beispill géif reduzéiert ginn op dräi Méint ab dem 1. August dëses Joers.

Esou war et scho richtig a gutt, menger Meenung no, an et ass och d'Majoritéit vun der Kommissioun déi zur där Konklusioun komm ass, fir sech elo domat ze begnügen, datt mer nëmmen déi Moossnamen, déi oflafen, weiderlaffe loosse, ënnert deene Konditiounen déi ech gesot hunn, an dann am Hierscht, nodeem de Statsrot en detailléierten Avis ginn huet opgrond vun den Avisé vun de Beruffschamberen, déi mer elo kennen, nach eng Kéier drop zréckkommen a gläichzäiteg dann och de Projet de loi iwwert de Congé parental op de Leescht huelen, fir dann do déi noutwendeg Décisiounen ze treffen.

Zum Congé parental wëll ech awer och nach soen, datt d'Kommissioun eestëmmeg zum Ausdrock bruecht huet, datt dee Projet dohinner soll kommen, dem Instanze vun der Chamber zougewise ginn, wou en u sech au début war an nach ëmmer war. Et ass duerch eng speziell Kommissioun komm a soss géif et séier weineg Sënn maachen.

Kolleeginnen a Kolleegen, dat wollt ech bäifügen zu mengem schréffleche Rapport, deen och am Detail dat erëm gëtt wat d'Parlament während deene leschte Jore vun '99 un an deem ganzen Dossier do realiséiert huet. An ech wëll och ofschléissend all menge Kolleegen aus der Kommissioun merci soe fir déi prompt Mataarbecht, och d'Vertrieder, an de Minister fir déi vill Sitzungen déi mer haten am Virfeld vun e Méindeg, déi Bereitschaft fir eis à tout moment integral opzeklären iwwert dat wéi d'Diskussiounen gelaf sinn an datt en och d'Méiglechkeet eis ginn huet fir eis Meenung ze soen, a welcher Form der Regierung hir Propositionen sollte mat op de Wee goen, fir matanzewirken an anzegräifen an déi Diskussiounen vun der Tripartite. A leschtens Enns soen ech awer och dann dem Sekretär vun der Chamber a menge Mataarbechter merci, déi et fäerdeg bruecht hunn iwwert de Weekend praktesch dee Rapport, deen Der hutt, ze rédigéieren, ze schreiwen. Wéi gesot, den Avis hate mer vum Statsrot en Donneschden den Owend kritt. E Méinden de Moien hu mer missen iwwert dee Rapport hei diskutéieren fir haut kënnen hei an der Chamber kënnen dee Projet zur Ofstëmmung ze bréngen.

Ech géif am Numm vun der Spezialkommissioun lech bieden dem Projet eng breet Zoustëmmung ze ginn a gläichzäiteg - selbst-

verständlech - bréngen ech och d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun zu deem Projet de loi, deen d'PAN-Gesetz dann an deene wesentleche Bestëmmungen verlängert.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als éischten Diskussionsrieder ass den Här Lucien Lux agedroen. Den Här Lux huet d'Wuert.

#### Discussion générale

M. Lucien Lux (LSAP).- Merci, Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, de Statec huet virgeschter mengen ech seng Prognose virgeluecht fir déi nächst zwee Joer a kënn dobäi zur Konklusioun, dass engersäits, wat e Bléck zréck ubelaangt géigeniwwer Enn 2001, mer eng Hausse vun der Aarbechtslosegkeet an dësem Land erlieft hu vu ronn 35%. E geet dovun aus, dass mer eréischt eng Trendwend wäerten erliewen Enn 2005 an tabléiert bis dohinner mat engem Accroissement vun der Aarbechtslosegkeet, dee wäert goe bis 6% vun der aktiver Bevölkerung, wat, wann een dat um Stand vun haut ëmrechent - wat net ganz richtig ass, mä awer ongeféier eppes erëmgett -, 11.986 Persounen ouni Aarbecht däerfte sinn. Wann een dovun ausgeet dass mer awer och an deenen nächsten zwee Joer eng licht Zounahm wäerten erliewe vun der aktiver Bevölkerung, läit déi Zuel also éischter dodriwwer wéi dodrënner.

#### (M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

Wann een dovun ausgeet an deenen Zuelen déi mer elo just kritt hunn, och vun dem Lëtzebuerger aktuellen Aarbechtsmaart, an dodranner gesinn dass déi éischte Kéier mengen ech de Seuil vun 3.000 Persounen iwwerschritt ginn ass, déi an enger zäitlech befristeter, also och prekärer Beschäftigungsmoossnam dra sinn, nämlech genau 3.022 Enn des leschte Mount, da gesäit een also ongeféier wou eis reell Situatioun vu Chômage Enn 2005 kann higoen.

Wann een dat dote kombinéiert mat deem Abroch dee mer an deene leschten zwee Joer erlieft hunn um Niveau vun der ekonomescher Croissance, wann een dat kombinéiert forcément mat der Entwécklung vun den öffentleche Finanzen, deenen Zuele wat d'Kierperschaftssteuer ubelaangt, wat d'Gewerbesteuer ubelaangt, an domadder natierlech och d'Investitiounscapacitéit vun der gesamter öffentlecher Hand, da weess een dass virun dësem Hannergrond ee sech hätt misse vun där Tripartiteronn, déi vum Hierscht d'lescht Joer u getagt huet bis an d'Fréijoer vun dësem, e groussen, konkreten Aktiounsprogramm erwaarden, dee sech souwuel ofgespillt hätt um Niveau vun der Verbesserung vun eiser Compétitivitéit. An do wieren et vill Sujete ginn iwwert déi een hätt kënnen diskutéieren: d'Verbesserung vun der Grënnermentalitéit, de Konditiounen fir ekonomesch aktiv kënnen ze ginn. Op där anerer Säit och d'Fro vum Ofbau vun der Bürokratie, vun de bürokrateschen Hindernisser, déi an deene leschte Joren éischter zougehall hu wéi ofgehall hunn. Et hätt een do kënnen diskutéieren iwwer nei Créneauen, déi ouni Zweifel och um Niveau vun der Prospektioun méi dynamesch hätte missen attackéiert ginn. An et hätt en dann op där anerer Säit och missen diskutéieren, och dat wat mer 1997, wéi mer deen éischten Débat an der Chamber hei haten am Zusammenhang mat deem deemolege Sommet iwwert den Emploi hei zu Lëtzebuerg, wat jo déi éischte Kéier war wou um Niveau vun der Europäescher Union e Sommet vun de Stats- a Regierungschefe stattfonnt huet, dee sech eleng mat där doter Problematik befasst huet. Et hätt een also dann och missen iwwert de Begrëff, deen den deemolegen Aar-

bechtsminister, heitege Statsminister, jo vill mat ronderëm geholl huet, dee vun der Flexsecurity, also der Fro ob mer et fäerdeg bréngen en Equilibre ze schafen tëschent op där enger Säit enger méi grousser Flexibiliséierung, déi haut an der Economie néideg ass, an op där anerer Säit awer de Saliären déi néideg Sécherheet och nach ginn.

Trotzdeem, oder leider misst ee soen, ass dës Tripartiteronn zu engem, an ech zitieren aus de Kommentare vun zum Deel Partneren déi dobäi waren, non Event ginn, zu enger Nullronn ginn, an et si vill Analysen, et si Säiten a Säiten Analyse gemaach ginn an trotzdeem hu vill Journalisten engem am Laf vun deenen eenzelne Sëtzungen, déi do stattfonnt hunn, no der drëter, véierter, fënnefter Ronn, wann déi Leit do eraus komm sinn aus der Tripartite, gesot, déi soen ëmmer datselwecht. An déi hunn och bis zum Schluss ëmmer datselwecht gesot an deementsprechend ass d'Fro natierlech och ze kucken, wat fir eng Grënn zu deem Resultat, dat mer haut dann diskutéieren, gefouert hunn.

Sécherlech ass de Blockage tëschent op där enger Säit den Arbeitgeber an de Gewerkschaften a verschidde Froen an deene leschte Jore méi grouss ginn. Do sinn d'Divergencé méi grouss ginn, och opgrond vun enger méi ugespaantener Situatioun. An op där anerer Säit, a mir hunn dat schonn hei am Rahme vun der Diskussioun iwwert den Etat de la nation gesot, menge mer och dass de fehlende konkreten Input vu konkrete Virschléi vu Säite vun der Regierung dozou bäigedroen huet.

Nach am Etat de la nation huet de Statsminister vun enger Iddi geschwat, déi en an engem gewësse Moment öffentlech no bausse gedroen huet. Et war déi, an ech zitieren en aus senger Ried zum Etat de la nation: „Well d'Aarbechtszäitverkürzung finanzéiere mer wa se Chômage ofbaut, no Verhandlungen déi den Aarbechstsminister opgehall huet, wahrscheinlich och wa se den Ofbau vun Aarbechtsplaze ka verhënnere.“

Dat war déi eenzeg Moossnam op deem Gebitt iwwert déi diskutéiert ginn ass. Deemools huet de Generalsekretär vum LCGB mengen ech gesot, dass domadder net vill unzefänke wier, well dat wier och haut scho méiglech. Mir hu gesinn an der Press dass eng Bank, d'SEB, Skandinaviska Enskilda Banken - eng schwedesch Bank mengen ech, eng Privatbank -, en Accord fäerdeg bruecht huet fir Aarbechtszäitverkürzung ze maachen, ebe just fir ze verhënnere dass et zu Ofbau vun Aarbechtsplazen an hirem Betrib soll kommen.

An ech mengen dee ganze Malaise ass e bëssen och reproduzéiert an deem wat de Statsminister a senger Ried gesot huet, dass déi Tripartite do net innovéiert huet, mä heiansdo et och wichteg wier fir nëmmen ze konservéieren.

Wann e Blockage zum Standstill féiert, da muss ee sech eescht Gedanke maache wéi mer do erauskommen. An deen éischte Gedanken deen engem kënn ass natierlech deen, dass d'Regierung an d'Majoritéit och hei an der Chamber hir Handlungsfäegkeet um Niveau vun deenen doten Themen awer net däréif verléieren.

D'Instrument Tripartite huet also gelidden. Keen hei am Land hält méi den Otem u wann déi Tripartiteronnen do ofgeschloss ginn, an ech hunn nach d'lescht Woch gelies wat e Patronatsvertrieder, den Här Norbert Geisen, President vun der Fédération vun den Artisané gesot huet a sengem Editorial, dass aus dem Kriseninstrument vu soss « scheint ein sozialpolitischer Debatierclub geworden zu sein ». Dat ass natierlech eppes wat eis dann och eescht Suerge muss maachen.



Ech géif och soen, an ech versichen dat ganz subtil ze maachen, dass den Dialog tëschent der Chamber an där Tripartite par le biais vum Aarbechtsminister och gelidden huet. Net well ech dem Aarbechtsminister seng Méi, déi e sech gemaach huet an all deene Woche fir d'Chamber an d'Bild ze setzen iwwert d'Entwécklungen, iergendwéi wëllt a Fro stellen, am Géigendeel. Op där anerer Säit muss ech awer soen, mir ware viru mat engem Aarbechtsminister gewinnt, deem huet zwar vis-à-vis vun der Chamber heiansdo granzeg Téin gehat, mä wann et drop ukommen ass, a mir hate jo där Situatiounen, dach awer mat der Chamber konkret diskutéiert an och Ännerunge virgeholl huet. Dës Kéier hu mer een dee guer net granzeg ass, deen am Géigendeel zu allen Diskussiounen bereet ass.

#### (Interruption)

Vläicht bei Iech an Ärer Kommissioun, mä an där heiter Kommissioun net. Ech muss awer soen, et hat een awer ni d'Gefill, dass d'Ouer wierklech do wär fir dofir ze suergen, dass dat, wat dann do och diskutéiert ginn ass, dach awer konkret iergendwou e Rôle kennt spillen. Ech mengen, dat misst virun allem och de Kollegee vun der DP dach Suerge maachen, déi eis hei während Joren d'Ried gehalten hu vun der Ënnerhieleung vun de Prérogativé vun der Chamber. Ech muss soen, nach ni sinn déi Prérogativen esou ënnerhielegt ginn, fannen ech, wéi mat deem wat mer an deene leschte Wochen dach do zesummen diskutéiert hunn.

Fir d'LSAP ass dat also eng dräifach Enttäuschung.

Eng éischt quant au fond. Dëst ass keng adequat Äntwert, eiser Meenung no, op déi alarméierend Entwécklung, déi mer dach awer amgaange sinn ze erliewen. Dat ass wouer bei der Aarbechtszäit, wou mer mengen, dass déi Balance tëschent der Flexibiliséierung an op där anerer Säit der Sécherheet sech net esou apendelt, wéi mer dat gemengt hunn. All Aussoen um Niveau vun der kontraktuelle Diskussioun an de Betriber weist eis, dass mer do Recht hunn.

Mir hunn deemools schonn, de Kolleg Jeannot Krecké a meng Weinegkeet, eng Proposition de loi abruecht fir op déi Fro ze versichen eng Äntwert ze ginn, wéi och bei aneren. D'Chambre de Travail ass zwar haut an hirem Avis, dee mer elo just nach kritt hunn, d'accord ze soen, et sollt een et da verlängeren, fir ebe sech nach méi Erfahrungen ze ginn. Ech fäerten, dass mer 2006 oder 2007 an eng Diskussioun erakommen, wou vläicht duerch eng méi héich Aarbechtslosgesheet d'Diskussiounen vläicht vill méi schwéier gi wéi se elo nach gewiescht wären. Déi Angscht muss ee jiddefalls hunn. Mä si verweist awer och an hirem Avis och haut oder gëschter op hir Avisen, déi se gemaach huet zu dem Prinzip vun der Flexibiliséierung, wou se onzefriden ass mat der Aart a Weis wéi et sech an deene leschten dräi, véier Joer och wierklech entwéckelt huet.

Da ginn et aner Froen, déi mer elo méi spéit sollen traitéieren. Dat ass richtig bei der Fro vun den CATen, wou ee sech virun allem muss Suerge maachen iwwert d'Entwécklung vun deene bei der öffentlecher Hand, wa mer bal bei 1.000 CATe sinn, eleng um Niveau vun dem Service public, dee vum Stat offhänkt. Da muss ee sech do awer eeschthaft Froe stellen, ob den CAT nach dat Instrument ass, wat just soll geduecht si fir Leit eng Méiglechkeet ze gi fir eng kuerz Bréck ze fannen, fir dann op den definitiven Aarbechtsmaart ze kommen.

Ech mengen dass dat Instrument an der Tëschenzäit lues awer sécher zu enger ganz anerer, zu enger bëlleger Aarbechtskraaft an zu aneren Zwecke genotzt gëtt, wéi fir deen, wou et eigentlech misst do

sinn. Ech mengen, dass de Minister mat eis och net zefriden ass a wat fir engem Mooss alles dat wat deemools an där Tripartiteronn, déi zum PAN gefouert huet, 1997, 1998 an 1999, nämlech de ganze perséinleche Suivi vun deene jonke Leit, dass dat nach net dee Rythme de croisière fonnt huet. Ech mengen, dat hu mer all erlieft a mir sinn alleguerten der Meenung, dass hei nach méi Efforte misste gemaach ginn.

De Bilan also, dee mer haut sollte maache fir eng grouss Revisioun, huet zwar vill Säiten Analys produziéiert, mä wéi wéineg Opbroch provoziert en haut, wann ee weess dass dat haut sollt e grouse Moment ginn, wou mer e Sprong no vir sollte maachen, esou hu mer eis dat während Méint a Jore bal gesot. Wa mer kucken, wat haut iwwreg bleibt, da muss ee sech dach awer eenzel Froe stellen.

Eng zweet Enttäuschung ass, wat d'Form ubelaangt. Ech hunn et scho gesot, véier Joer ass bekannt, dass mer haut missten déi Revisioun maachen, well den 31. Juli 2003 déi Moossnamen auslafen.

Och de Saucissonnage, deen entsteet aus deem vernetzene Bléck, deen eis d'PAN-Gesetz deemools ginn huet, wou mer elo all déi Froen, déi direkt an indirekt mat der Beschäftigungsproblematik ze dinn hunn, ausernee rappen, well mer verschidde Projete maachen, kleng Projeten. Mir maachen deen heite Projet, da féiere mer eng Diskussioun iwwert d'CATen an engem anere Projet, d'Diskussioun iwwert de Congé parental, wat seng eenzel Detailler ubelaangt, maache mer nach an engem anere Projet, vläicht dann déi Proposition vum Statsminister fir déi Aarbechtszäitverkürzung kombinéiert mat Hëllef vum Stat bei Ofbau vun Aarbechtsplazen, wat dann eng Ausweitung vun deem Artikel ass, dee mer haut am PAN-Gesetz schonn hunn, nach an engem anere Gesetz. Ech mengen, dee Saucissonnage ass keng propper vernetzte konzeptuell Äntwert op dat, wat mer a sech gemengt hunn.

Schlussendlech eng drëtt Enttäuschung ass dann ouni Zweifel déi vun där Prozedur, déi mer elo nach erlieft hunn an deene leschten dräi, véier Wochen, dass mer e Méinden de Moien dach awer eis Aarbechten ofgeschloss hu mat engem Avis, dee mer do leien hate vun der Chamber vun de Fonctionnaires, déi jo, mengen ech, net déi sinn, déi vun dese gesetzlechen Diskussiounen iwwer Flexibiliséierung am meeschte betraff an interesséiert sinn. Mä, ech mengen, dat kritiséieren ech net, et ass einfach nëmmen eng Feststellung.

Ech mengen, de Statsrot huet dofir och zu Recht kritiséiert, dass hien och hei wierklech huet misse ganz schnell versichen en Avis ze maachen. Hien huet dofir och refuséiert fir, ausser der Verlängerung, déi aner Saachen ze aviséieren.

Ech muss jo awer soen, Här Rapporteur, trotz eisem Merci fir d'Aart a Weis vun den Diskussiounen an der Kommissioun an och den Aarbechte fir dese mëndlechen an och schréffleche Rapport, ech mengen, Dir sollt elo net heihinner kommen a maache wéi wa mer e Méinden nach hätte missen do eng Décisioun huelen. Et bleibt eis schlussendlech alleguer nâischt aneschtens iwwreg wéi just nach dat ze stëmmen, wat nach iwwreg bliwwen ass. Wann et nach eng Woch gedauert hätt, dann hätte mer nâischt méi héchstwahrscheinlech gehat. Deementsprechend ass dat och, wat d'Prozedur ubelaangt, wann ee weess, dass dat do jo alles laang bekannt war, deen Datum do an esou virun, dee géif kommen, déi Date butoir, déi jo kloer war, awer eng Enttäuschung.

D'LSAP wäert sech bei dem Vote zu deem Gesetz enthalten, well se sécherlech mat der Fro vun der Proposition vun der Verlängerung

vum Congé parental averstanen ass, och wann ee muss kritiséieren, dass mer dat och elo an zwee Projete scindéieren. Déi dräi Ziler, déi mer eis 1998 ginn hate mam Congé parental, si sécherlech net alleguer an deemselwechte Mooss erreecht ginn. Ech mengen, et ass sécherlech viles méi beweegt ginn um Niveau vun deem wat d'Kanner selwer vun deem Congé parental hunn. Dat war fir mech nach ëmmer dat Wichtigst, dass d'Kanner déi éischt Suerg sollt sinn, fir dofir ze kucken dass ee Partner sech méi Zäit nach hält fir bei der Erziehung an deenen éischte Méint och wierklech disponibel ze sinn.

Vun enger besserer Partnerschaft tëschent Männer a Fraen si mer nach wäit dovun ewech, wa mer gesi wéi d'Zuele sech entwéckelen, mä och do brauche mer sécherlech an de Käpp vun de Männer virun allem méi Zäit fir dofir ze suergen, dass dat sech nach méi équilibréiert, méi Männer par rapport zu de Fraen vun deem Congé parental profitéieren an doduerch och wierklech dann déi Ëmsetzung vun deem zweete Wëllen do kann entstoen.

Beim Emploi sinn ech net esou kritesch an esou negativ wéi vill anerer dat sinn. Ech denken, dass och do eng Entwécklung amgaangen ass dofir ze suergen, dass iwwert dee Congé parental dach awer Leit kënnen profitéieren fir an den Aarbechtsmaart eranzekommen. Ech muss soen an deem Betrib, deen ech e bësse besser kennen an der Gemeng, do goufen et awer Leit, déi iwwert dee Wee vu Congé parental an de Betrib erakomm sinn, sech bewährt hunn, gewisen hunn, dass se eppes konnten, an dann iwwert en anere Wee an deem Betrib bliwwen sinn, esou dass awer deen Déclencheur do gespillt huet. Ech mengen, et sollt ee sech also do vläicht dach awer e bësse méi Zäit ginn.

Zwee Ziler hu mer also op jidde Fall do erreecht. Ech mengen, dass dat also positiv ass.

Negativ, an dat begrënnt eis Enthaltung, ass déi Verlängerung vun deene Moossname vun der Aarbechtszäitorganisatioun, der Flexibiliséierung, wou mer net zefridde sinn, well mer gemengt haben et wär de Moment gewiescht fir Verbesserungen ze maachen. Déi Verlängerung bis den 31. Juli 2007, an dat soll mäi lescht Wuert sinn, no der Begrënnung vun der Enthaltung, huet just vläicht eppes Guddes u sech, nämlech dass eng nei an eng besser Regierung sech wäert ëm déi Revisioun da këmmen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Lux. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Alexandre Krieps. Här Krieps, Dir hutt d'Wuert.

M. Alexandre Krieps (DP).- Merci, Här President. Et geet mir wéi dem Här Glesener. Ech sinn och enttäuscht iwwert dem Här Lux seng Enttäuschung, mä et huet jo keen heibannen an dobausse verfeelt, dass dat hei den Optakt zu de Sozialwahlen am Hierscht ass.

#### (Interruptions)

Ech bewäerten hei nëmmen deen Aspekt vum Congé parental, an ech soen dem Marcel Glesener merci fir seng schréffleche mëndleche Beméiungen.

Net vill, géife mer mengen, wär fir d'Kommissioun hei Aarbecht gewiescht, well et ass eben e Projet, deen direkt aus der Tripartite komm ass. Ech géif mengen, an der Tripartite, esouwäit een d'Zeitunge konnt apprécieieren, hunn d'Patroné sech gewiert, dass en ausge-

dehnt géif ginn op néng Méint, d'Salariat sech gewiert, dass e reduziéiert géif op dräi Méint, an d'Regierung ass op der Schinn vun de sechs Méint virugefuer. Folglech huet an deem Dossier mindestens jiddferee gewonnen.

Aarbechtsmaartméisseg huet dat Instrument vum Congé parental wierklech net vill bruecht, well et sinn nëmme 6 bis 7% vun deene Leit, déi deen an Usproch geholl hunn, op hiren Aarbechtsplaz ersat ginn. Vun deenen Ersatzleit sinn natierlech herno bal dräi Véirels fest ugestallt ginn. Et sinn ëmmerhin déi, mä et sinn der net vill, Här Lux.

Ënnert dem natalisteschen Aspekt, wat awer net d'Zilsetzung vun där Mesure vum Congé parental war, huet déi Bestimmung nâischt, wann net guer nâischt bruecht. Dir musst wëssen, dass an deene leschten zwee Joer ongeféier 500 Kanner pro Joer an deem Land manner op d'Welt komm sinn. Loost mer net esou pessimistesche si wéi den Här Lux, och am Indice de fécondité si Cyclen.

Nom Aarbechtsmaart an no der Natalitéit, Här Lux, gëtt et dat Konzept vum Wuelbefannen, wat Der ugesprach hutt, vun den Eltere vun den Neigebuerenen. Ech deelen zwar net Är Meenung, dass een Neigebuerenen, deen e Joer al ass, ausser bei der Mamm vum Bonding, iergend e Benefiss vun deem Congé parental huet, mä an der Enquête vun der KPMG huet et sech bewisen, dass dat e Volltreffer fir d'Wuelbefanne vun den Elteren ass. Dir musst wëssen, de soziale Kontakt vun de Kanner geet eréischt bei dräi, véier Joer un, an ech perséinlech gleewen, dass déi Etüd méi de Mérite vun de Mammen ënnerstraicht wéi d'Zukunft vun den Hausmänner, un déi ech guer net gleewen.

Haut ass nach net den Dag komm, wéi den Här Lux dat e puermol ënnerstrach huet, vun där grousser Revisioun, mä ech loosse awer, Här Lux, net e puer Kriticken hei gellen, déi Dir gemaach hutt, well ech gleewen net dass ee kann an der Tripartite eens sinn an da sech hei enthalten oder dergéint sinn. Also, dat ass éischer e Versoe vun de Salariatsvertreider.

#### (Interruption)

Ären Discours war haaptsächlech ee vun hätten an haben. Dat ass e bëssen e Frust, e Regret.

An, wéi ech gesot hunn, d'Tripartite-Nullronn, dat ass elo den Optakt fir Ären Discours fir d'Sozialwahlen. Alles an allem, d'demokratesch Fraktioun, ënnert dem Jean-Paul Rippinger, stëmmt deser Gesetzesvirlag virbehallos zou, well haaptsächlech den Actif vum Congé parental definitiv an d'Gesetz ageschriwwen gëtt, wat mir als e soziale Fortschrëtt bewäerten.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Krieps. Den Här Jaerling huet d'Wuert.

M. Aly Jaerling (ADR).- Merci, Här President. Ech sinn erstaunt, well fir all déi Leit, déi hei op d'Riednerpult komm sinn an net vill wollte soen, ass awer e ganze Koup Seef verzaapt ginn.

Dem Här Rapporteur wëll ech merci soen, dass hie sech déi néideg Zäit geholl huet fir trotz der fortgeschrittener Stonn dat awer ganz explizit hei virzebréngen. Et geet haaptsächlech hei just ëm eppes, wou mer am Fong iwwerhaupt keng aner Wiel hunn, dat heescht zwou Dispositione weider ze féieren, déi vum 31. Juli musse gestëmmt ginn, well soss hätte mer d'Gefor gehat, dass einfach dann nâischt méi do gewiescht wär. Dat war jo net eisen Objectif.

Et ass hei gesot ginn, dass de Moment verpasst gi wär fir eppes ze änneren, mä ech muss awer soen

dass déi, déi dat hei gesot hunn, awer och keng Initiative bruecht hu fir eppes ze änneren. Do sinn ech och e bëssen erstaunt. Mir sinn eis eens, dass mer erëm eppes vun der Tripartite dohinner geplättelt kritt hunn, wat u sech kee wollt, mä wou mer awer nâischt anescht kënnen domat ufänken.

Jiddferee kennt meng Position zur Tripartite. Et ass en iwwerflësseg Instrument, oder wéi sot Der ëmmer, Här Weiler, et ass superfétatoire. Elo hunn ech e Friemwuert mol ouni Feeler ausgeschwat. Gesitt Der, ech ginn ëmmer besser. Ech mengen einfach, dass mer hei u sech keng aner Wiel hunn.

Ech wëll awer e bëssen den Här Lux a Schutz huelen. Den Här Lux ass net hei op d'Bühn komm mat sengen Argumenter, fir d'Sozialwahlen ze preparéieren. Dat huet en net néideg. Dat kann en op enger anerer Plaz besser maachen. Dem Här Lux seng Argumenter ware scho valabel, mä en hat awer och, grad esougutt wéi mir, keng aner Wiel, well aner Leit, déi him iwwerstinn, an engem anere Gremium décidéiert hunn, wat mir hei ze maachen hunn, wéi et schonn esou oft de Fall war a wat sech an der nächster Zäit och net wäert änneren.

Et ass begréisst ginn, an ech begrëssen et och, dass de Congé parental am Fong elo à durée indéterminée am PAN-Gesetz ageschriwwen ass, mä wann ech awer da gesinn dass op där anerer Säit schonn erëm ee Projet do läit, dee virgesäit d'Ausféierungsbestëmunge vum Congé parental ze änneren, an dat ass jo awer dat Geféierlecht drun, well bis elo ware mer eis all eens. Ech maache mer och do net allze vill Illusiounen.

Flexibiliséierung, okay. Do kennt jiddferee meng Meenung. Do ass an d'Gesetz ageschriwwen gi bis 2007. Do sinn ech am Fong frou driwwer, dass mer iergendwéi nach eng Kéier doriwwer schwätzen, well déi Mesuren éischters emol net esou gräife wéi se geduecht gi waren, an zweetens, wat ech schonn ëmmer gesot hunn, de Salariéen iwwerhaupt nâischt bréngen, well et sinn d'Salariéen, déi déi leidtragend si vun deene Flexibiliséierungsmesuren. Dat weess an der Zweschenzäit jiddfereen, mä et wëllt awer keen et wouer hunn.

#### (M. Jean Spautz reprend la Présidence)

Dat gesot, wëll ech Är Zäit net méi laang an Usproch huelen. Ech hunn dat gesot, wat ze soen ass. Mir hu keng aner Wiel, a well mer keng aner Wiel hunn, wäert den ADR dann och dee Projet hei stëmmen.

M. le Président.- Als nächsten Diskussionsriedner ass den Här François Bausch agedroen. Den Här Bausch huet d'Wuert.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Damen an Dir Hären, ech wëll zu zwee Punkte Stellung huelen, déi an deem Projet dra sinn. Dat eent ass de Congé parental an dat anert, dat sinn déi Dispositions positives fir de Sexe sous-représenté an der Aarbechtswelt.

Wat ech wëll opwerfen, dat ass datt mer an der Kommissioun an der Virbereedung zu deem Gesetz, dat jo eigentlech eng laang Virgeschicht huet, vill diskutéiert hunn iwwert de Chômage zu Lëtzebuerg och an och iwwert de But fir géint de Chômage ze kämpfen. An deem Zesummenhang an och am Zesummenhang mat deem, wat mer haut hei um Dësch leien hunn, ginn op europäeschem Niveau ëmmer zwee Reproché gemaach géint Lëtzebuerg.

Dat eent ass, datt mer net genügend Arbeitnehmer oder Arbeitnehmerinnen hätten, déi schonn e gewëssenen Alter hunn, mä datt mer eng Tendenz hätte fir eeler Arbeitnehmer oder Arbeitnehmerin-



nen aus dem Aarbechtsmaart erauszedrängen. Dat zweet ass, datt mer net genuch Fraen um Aarbechtsmaart hätten.

Et ass esou, datt am Kader vum PAN-Gesetz, dat mer virun e puer Joer hei gestëmmt hunn, mer eng ganz Rei Mesuren dra gepaakt haten, Mesuren déi effektiv an d'Richtung gi fir eng besser Representatioun vun de Fraen um Aarbechtsmarché ze kréien - ech kommen nach op déi ze schwätzen -, an anerersäits Mesurë virgesinn hunn, déi als solch verkaaft gi sinn, respektiv wou gesot ginn ass, datt déi dozou kéinte bäidroen de Chômage ze bekämpfen, awer och de Fraen eng gréisser Bedeelegung an der Aarbechtswelt kënnte garantéieren.

Dat éischt dat war de Congé parental an dat zweet waren déi Dispositions en faveur du sexe sous-représenté.

Meng éischt Remarque si par rapport zum Congé parental, wou ech mol direkt wëll déi Argumentatioun zrëckweisen - ech hunn dat zwar och schonn deemools hei gemaacht -, déi dra besteet fir ze soen, datt de Congé parental eng fraespezifesch Measure wär. Fir eis als Gréng ass et kloer, de Congé parental ass eng familijepolitesch Measure, an et ass esou datt effektiv déi dräi Objektiv, déi ëmmer an de Vierdergrond gestallt ginn, déi eigentlech sollten erfëllt gi mam Congé parental, eiser Meenung no, net kënnen erfëllt ginn, an zwar « une meilleure conciliation de la vie privée et de la vie professionnelle » ze kréien, « de promouvoir l'égalité des chances entre les hommes et les femmes », an « de développer une politique active de l'emploi ». Fir eis ass et ganz kloer, datt ee muss mat neen déi Fro beäntweren, datt de Congé parental dat géeegent Instrument wär fir deenen dräi Kritäre gerecht ze ginn.

Zum éischte Punkt, enger « meilleure conciliation de la vie privée et de la vie professionnelle », do ass et esou datt dat zum Deel vläicht richteg ass, mä et muss een awer soen, datt dat nëmme richteg ass während där Periöd vun deene sechs Méint, an et doriwwer eraus am Gesamten awer rose weéng ännert an datt all déi Problemer, déi sech eigentlech ronderëm déi dote Fro stellen, sécherlech net geléist ginn duerch de Congé parental. Dat ass nun emol d'Garde vun de Kanner, en Horaire de travail non compatible au mode de garde, d'Duebelbelaaschtung Beruff-Haushalt. Dat ass d'Garde vun de Kanner wa se scalariséiert ginn, d'Garde vun de Kanner wa se Vacances scolaires hunn. Et ass d'Feele vu Cantines scolaires, d'horaires scolaires non adaptés aux exigences du monde économique an esou weider. Also eng ganz Rei Punkten, déi mam Alldag vun där eenzelner Persoun ze dinn hunn, déi berufsstäteg ass. All déi Froe kritt ee sécherlech net domadder geléist.

Deen zweete Punkt: « Promouvoir l'égalité des chances entre les hommes et les femmes », datt dat kéint geléist ginn iwwert de Congé parental. Och do soe mer ganz kloer neen. De Congé parental, dee gëtt zwar verschiddene Pappen eng Chance fir sech eventuell méi och fir Kanner ze interesséieren a fir sech och méi drëm ze këmmen, mä mir musse leider feststellen, dass ganz weéng Papp bis elo vum Congé parental profitéiert hunn. Dofir trifft dat sécherlech net zou an et ass och ganz kloer esou, de Congé parental iwerhëlt déi traditionell Rolleverdeelegung mat, déi dra besteet eben datt de Papp fir d'Besoins financiers vum Haushalt zoustänneg ass an d'Mamm nach ëmmer fir d'Kannererzéiung. Dat brécht eigentlech guer net mat där ganzer Logik. An et ass och esou, vu que datt nach ëmmer d'Männer déi sinn an der Gesellschaft, déi déi gréisste Pertes de revenu hu wa se ophale mat schaffen, et ganz kloer ass,

datt och dat e Grond ass firwat datt Männer natierlech, vu que datt si déi sinn, déi nach ëmmer déi gréisste Revenuen hunn, kaum bereet sinn op hire méi héije Revenu ze verzichten, fir da mat 60.000 aler Frang de Mount auszekommen.

Et ass och esou, dass oft de Congé parental ganz weéng an Aklang ze bréngen ass mat der Fonctioun, déi zum Beispill Männer inne hunn an enger Entreprise. Et ass nach manner an Aklang ze bréngen mat enger Carrière professionnelle. Et ass esouguer oft ganz schlecht gesi vun den Employeuren, nach ëmmer, wa Männer virun allem de Congé parental huelen, an et ass och esou, dat kënnt nach derbäi, datt eigentlech och eng ganz schlecht Informatiounspolitik bis elo bedriwwen ginn ass iwwert d'Rechter vun de Pappen an deem doten Zesummenhank.

An alles dat mécht, datt wéi gesot mat Sécherheet de Congé parental keen Instrument ass an där heiteger Form fir deen Aspekt, nämlech d'Égalité des chances entre hommes et femmes op dem Aarbechtsmarché ze fördern oder ze garantéieren.

Reduzéiert en de Chômage? Och do soe mir ganz kloer Neen. De Congé parental ka sécherlech e gewëssend Stimulationsinstrument si fir a verschiddenen ekonomesche Beräicher, mä et ass awer sécherlech net dat géeegent Instrument wou ee kënnt driwwer diskutéieren ob dat de Chômage kënnt reduzéieren. Et ass esouguer éischter esou, datt de Congé parental deelweis ka ganz kontraproduktiv si wat de Chômage ubelaangt, an et sécherlech och esou ass, datt de Congé parental a verschiddene Secteure mat Sécherheet net kompenséiert gëtt duerch Chômeuren, duerch Leit déi Aarbecht sichen, well dat jo net organiséiert ass an éischstens och do um Aarbechtsmarché net déi géeegent Leit ze fanne sinn, déi mer bräichten, fir Fraen oder Männer ze ersetzen, déi Congé parental huelen, an doriwwer eraus dréit et och dozou bäi, datt effektiv de Congé parental kann esouguer dozou féieren, datt zum Beispill Fraen, vu que datt et d'Frae sinn, déi am meeschten dovun profitéieren an dee Moment an Usproch huelen, datt et esouguer kann een Nodeel si fir Frae fir agestatt ze ginn am Endeffekt, well oft dann d'Mentalitéit virherrscht, déi dote kréie souwisou iergendwann eng Kéier Kanner an da wäerte se wahrscheinlech dovun profitéieren an da kommen déi ganz Schwieregkeeten, déi domat verbonne sinn, well et schwéier ass während sechs Méint ze ersetzen. Dofir ginn dann oft Männer bevurzuucht par rapport zu de Fraen. Dat heescht, et kann esouguer och e kontraproduktiiv Argument gi fir méi Fraen op den Aarbechtsmarché ze kréien.

A wat eis eigentlech och e bëssen iwwerrascht huet, datt ass datt déi Etüd vum KPMG, datt vun deenen 13 Propositionen, déi herno an de Conclusions générales vum KPMG gemaach gi sinn, der do rose weéng zrëckbehale gi si bei der Regierung an datt et eigentlech esou ass datt haut fënnf vun deenen 13 Propositionen iwwerhaupt net zrëckbehale gi sinn. Bei fënnf ass et kloer neen, a bei dräi ass et nach zimlech onkloer. An ech wëll vläicht op déi fënnf agoen, déi ofgeleent gi sinn, well dat der fënnf sinn, déi eiser Meenung no awer eng wichteg Fonctioun hätte kënne spille fir de Congé parental och ze verbessern a senger Ausriichtung, an och fir ze beleeden datt eigentlech d'Regierung haaptsächlech déi zrëckbehalen huet, déi an d'Richtung gi fir souzoesoen eng Simplification administrative ze kréien am Kontext vum Congé parental, dat heescht éischter technescher Natur sinn, mä näischt um Fong änneren.

Bon, déi éischt ass emol déi, datt de Congé parental misst nei defi-

néiert ginn an deem Sënn, datt méi Formulé kënnte benotzt ginn tëschent Temps partiel a Plein temps, haaptsächlech natierlech och an deem Zesummenhank fir Männer. Et ass esou datt mer relativ starr Konditiounen de Moment hunn. Si si weéng flexibel a mir sinn der Meenung, datt een déi Propositionen, déi vum KPMG gemaach gi sinn, hätt misse méi genau analyséieren a sech iwwerleeën, ob een net där flexibel Instrumenter an d'Gesetz erabrénge.

Dann ass et och esou, datt eng Proposition eis net zefriddestellt, déi guer net zrëckbehale ginn ass. Dat ass, datt eigentlech d'Durée vum Congé de paternité net erhéicht ginn ass an deem heiten Zesummenhank, well d'KPMG zu Recht feststellt, datt et oft schwéier ass fir déi Iwwergankphas nom Congé parental erm zum normale Berufsliewen, wat meeschtens och verbonnen ass mat enger Phas wou d'Kanner doheem versuergt gi sinn an duerno an eng Garderie oder Crèche ginn a wou dann natierlech am Ufank dat jo fir d'Kanner net einfach ass, a wou et wichtig ass, datt se eng gewësse Begleedung vun den Eltere kréien, datt déi hätt kënnen duerch eng Augmentatioun vum Congé de paternité domadder positiv begleet ginn an och effektiv dozou féieren, zum Beispill, datt vläicht méi Männer dovun profitéiert hätten.

Dat sinn nëmmen zwou Propositionen, déi ech wollt hei erausträichen, déi eiser Meenung no hätte misse méi analyséiert ginn. Meng Zäit ass relativ kuerz a well ech och nach wëll zu anere Punkte kommen, wëll ech e puer anerer elo hei iwwersprangen an dann zum zweete Punkt direkt iwwergoen, zu de Remarken, déi ech wëll maachen zu den Dispositions en faveur du sexe sous-représenté.

Et ass esou, datt déi Mesuren, dat gëtt jo net niéiert vum Aarbechtsminister, bis elo net vill Wierkung haten, datt se eigentlech net vill bruecht hunn. Et ass vläicht esou, dass duerch déi besser Definitiou, déi mer elo hei festgehalen hunn, se vläicht méi Wierkung kritt. Ech hunn awer do meng Zweifelen. Ech mengen, datt och virun allem misst eng gréisser Informationspolitik bedriwwen gi par rapport zu den Entreprises an de Patronen an deem Beräich, mä ech mengen awer och, datt doriwwer eraus duerch déi Aktiounen den absolute Minimum gemaach gëtt fir de Frae méi eng grouss Chance ze ginn an der Aarbechtswelt, a mir fannen et eigentlech bedauerlech, datt sech net méi un deene gudde Propositionen, déi de Moment um europäeschen Niveau virleien, inspiéiert gëtt.

Ech wëll drop hiweisen, datt mer de Moment zwee Dokumenter virleien hu vum Conseil de l'Europe. Dat eent ass en Dokument vum Joer 2000. Dat ass relativ voluminéis, dat huet 170 Säiten, an dat bënhalt virun allem eng ganz Serie vun Actions positives dans le domaine de l'égalité entre les hommes et les femmes. Wann ee sech do e bëssen inspiréiert hätt, do hätt ee bestëmmt interessant Saache kënne fannen, déi een hätt kënnen an esou e Gesetz wéi dat hei abannen.

Dat zweet ass dat Dokument vum 12. März 2003 vum Conseil de l'Europe, wou et drëms geet fir ze diskutéieren iwwert eng Participation équilibrée des femmes et des hommes à la prise de décision politique et publique.

An da kommen ech zu engem Punkt, deen eis besonnesch enttäuscht. Dat ass den öffentliche Secteur. Ech wëll drop hiweisen, datt dat an allen Dokumenter vum Conseil de l'Europe, an net nëmme vum Conseil de l'Europe, mä och

vun der Kommissioun, de Moment gesot gëtt, datt den öffentliche Secteur misst eigentlech Virreider si fir Actions positives ze starten, a mir haten als Gréng virun dräi Joer de Versuch gestart fir eng Entrevue unzefroe beim Statssekretär vun der Réforme administrative, dem Här Schaack, fir mat him doriwwer e längert Gespréich ze féieren. D'Madame Wagener huet och deemools e ganze Stapel Dokumenter matgeholl bei den Här Schaack, fir him déi ze iwwerreechen.

Éischtens huet eis emol erschreckt, datt mer hu misse feststellen, datt am Ministère de la Réforme administrative den zoustänneg Statssekretär iwwerhaupt net wosst wat dat wär, Actions positives, an zweetens huet eis awer nach méi erschreckt, datt an deene leschten dräi Joer d'Regierung an de Lëtzebuerger Stat kaum en Effort gemaach hu fir op deem dote Gebitt eis e bësse weider ze bréngen, fir eigentlech Virreider ze spillen.

Au contraire, et ass esou datt beim Stat et net fäerdeg bruecht ginn ass, am Kader zum Beispill vun der Reform vum Statut, fir eng ganz Rei Mesuren, déi et haut gëtt, an deem Sënn emol positiv auszubauen. Ech denken do haaptsächlech un den Temps partiel, wou mer et emol net fäerdeg bruecht hu fir den Temps partiel auszudehnen och op Führungspositione beim Stat, wat natierlech dozou féiert datt déi Männer, déi et zum Beispill beim Stat gëtt, an där gëtt et entretemps ëmmerhin, ech weess datt et eng Rei Demandé gëtt beim Stat vu Männer a Führungspositionen, déi bereet gewiescht wäeren Temps partiel aus Grënn vu Kannererzéiung ze maachen, datt dat och nach onméiglech gemaach ginn ass iwwert déi Reform do. An et ass eigentlech och erschreckend feststellen, wéi weéng Fraen zum Beispill insgesamt an der Fonction publique schaffen, 20% schaffen de Moment nëmmen an der Fonction publique insgesamt. An de Führungspositione beim Stat ass et nach méi katastrophal an ech wëll dofir een Zitat hei virdroe vun der däitscher Volksschauspielerin Heidi Kabel, déi seet: Die Emanzipation ist erst dann...

#### (Interruptions)

Lauschtert no, Här Ripinger, well dat heist ass een Zitat, do si bestëmmt vill Leit heibannen, déi kënnte sech nawell getraff fillen.

#### (Interruptions)

Här President, ech wär frou wann elo nogelauschert géif, well et sinn der bestëmmt vill heibannen déi sech staark betraff fille vun deem Zitat. Dat heescht folgendermoossen: « Die Emanzipation ist erst dann vollendet, wenn auch einmal eine total unfähige Frau in eine verantwortliche Position aufgerückt ist. »

Dat ass een Zitat vun der Volksschauspielerin Heidi Kabel, an ech fannen dat ass ganz zoutreffend fir d'Situatioun zu Lëtzebuerg insgesamt a virun allem fir d'Efforten, déi de Moment gemaach gi vun der Regierung an deem dote Beräich, déi relativ mediocre sinn am Moment. A mir sinn der Meenung, Här President, ...

#### (Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

Här President, ech si jo frou datt de Sall elo amgang ass sech erm e bësse méi ze fëllen, mä ech wär och frou gewiescht wann e virdru méi voll gewiescht wär, well dann hätten déi, déi elo reklaméiert hätten, ech soll op d'Zäit kucken, vläicht méi interesséiert dragekuckt, well dann hätte se kënne feststellen dass ech eng Rei Saachen hei soen, wou se bestëmmt hätte kënne bäileieren.

#### (Interruptions)

Jo, also ech weess datt heibanne vill Leit éischter interesséiert sinn um Klamauk wéi un den inhaltlechen Diskussiounen, mä Dir musst et net all Dag zum Ausdrock bréngen. Lauschtert och heiansdo e

bëssen no a gedëllegt lech heiansdo e bëssen.

#### (Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

■ M. le Président. - Fuert virun, Här Bausch. Loosst lech net provozéieren.

#### (Interruptions)

■ M. François Bausch (*DÉI GRÉNG*). - Här President, ech loosse mech guer net provozéieren. Ech si frou wa Leit hei esou Zwëschbemierkunge maache wéi déi doten, ech iwwerloossen dem Public, déi se kommentéieren, fir sech selwer e Jugement doriwwer ze maachen.

■ M. Jean Asselborn (*LSAP*). - D'Zäit leeft eis fort.

#### (Hilarité)

■ M. François Bausch (*DÉI GRÉNG*). - D'Zäit ass mir schonn oft hei fort gelaf, wann ech hei souz, Här Asselborn. Mä ech hu bis elo awer nach ëmmer d'Gedold behale fir bis zum leschte Moment auszeharren, och wann et mech oft genervt huet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zrëck zum Sujet, fir awer ze soen, datt ech fannen datt dat wat hei am Gesetz dra steet relativ dürfteg ass, par rapport zu der Problematik déi sech stellt an deem dote Beräich, nämlich datt mer hei zu Lëtzebuerg d'Schlusslicht sinn, nach just Griicheland ass hannert eis wat d'Fraen an der Aarbechtswelt ubelaangt, an datt et eigentlech relativ schäbig ass fir e Land wéi Lëtzebuerg, datt mer et net fäerdeg bruecht hu bis elo fir méi konsequent Mesuren ze ergäife wéi déi, déi bis elo hei virgesi sinn, och erm an dësem Text, och wann et nëmmen en Iwwergankstext ass, dann erm bis 2007 mer verträuscht ginn, wou mer da jo erm eng Generaldebat solle féieren iwwert déi gesamt Mesurë vum PAN-Gesetz, déi mer virun e puer Joer gestëmmt hunn. Mä ech mengen awer datt et derwäert gewiescht wär déi lescht annerhalleft Joer, wëssend déi schlecht Zuelen, déi mer an deem heite Beräich zu Lëtzebuerg hunn, a wëssend wéi oft datt mer weinst deene kritiséiert ginn, och um europäeschen Niveau, och um Niveau vun der Kommissioun, datt et derwäert gewiescht wär déi Dokumenter vum Conseil de l'Europe zum Beispill an och anerer méi intensiv ze liesen an ze versichen eng Rei Saachen emzesetzen am Kader vun dësem Gesetz.

Ech hätt hei nach kënne vill diskutéieren iwwer aner Elementer, déi parallel heizou feelen zu Lëtzebuerg, Betreungsstrukture fir Kanner, Öffnungszäite vu Crèchen, Aarbechtszäit an Arbechtszäitmodeller, déi den Elteren eigentlech mol entsprechen an net nëmmen einzelne Leit entsprechen, Betreungsstrukture fir Kanner am Schoulalter, Schoukantinen an esou weider an esou fort.

Alles dat sinn Elementer déi dozou gehéieren, Här President, an déi eigentlech eis da géngen dozou bréngen, datt mer vun der Mentalitéit géinge wech kommen, déi dra besteet datt mir zwar dat do alles net hunn, mä dofir ee Réseau hu vu Grousselteren, Tattaen a Monnien, a Mammen hëllef Mammen, déi Kanner betreie wann d'Eltere musse schaffen, mä leider liewe mer awer hei nach ëmmer an engem Land wou een eng modern Familijepolitik am Intérêt vu Mann a Fra a Kanner an deem Sënn net gesäit. Mir hunn eigentlech e grousst Organisatiounstalent fir onbezuelt Aarbecht weider ze fördern. Dat steet am kloeren Zesummenhang mat enger Logik, déi vun och enger Partei an deene leschte 50 Joer hei gefördert ginn ass.

Ech kommen zur Konklusioun, Här President. Dat heiten, wat mer haut hei virleien hunn, ass am Fong net ganz déck an deem Beräich. Mir

wäerten eis enthalte bei dësem Pro-jet. Awer net nëmmen dowéinst, mä och well eng Rei aner Mesuren hei eigentlech verlängert ginn, géint déi mer scho ware wéi se agefouert gi si virun dräi Joer, déi am Zesummenhang sti mat der Flexibiliséierung vun den Aarbechtszäiten. Ech hunn eis Argumenter a Kriticken deemools ubruecht zu deene Saachen, dofir brauch ech déi haut net méi ze widderhuelen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.**- Als leschten Diskussionsriedner ass den Här Serge Urbany agedroen. Den Här Urbany huet d'Wuert.

**M. Serge Urbany (déi Lénk).**- D'Gesetz ass also nach manner déck wéi den Här Bausch gesot huet, well et sinn och nach Saachen erausgeholl ginn.

Här President, duerch dat heite Gesetz gi jo keng nei Moosnamen agefouert, mä et ginn dräi Zorte vu Bestëmmunge vum PAN-Gesetz vun 1999 definitiv an der Gesetzgebung verankert, respektiv bis d'Joer 2007 verlängert, an zwar éisch-tens de Congé parental, zwee-

tens d'Flexibiliséierung vun der Aarbechtszäit an drëttens ver-schidden Aidë fir d'Betribler.

Ech si mat dem Punkt 1 ganz d'ac-cord. De Congé parental, deem huet sech als eng Moosnam erwi-sen, déi absolut noutwendeg ass am Interesse vun de Famillen, an et wier och ze wënschen dass nach méi Famillen dovun géife Gebrauch maachen, fir dass et hinnen iwwert dee Wee e bësse besser géif ge-lénge fir Beruff a Famill mateneen ze verbannen. Et ass doriwwer eraus jo och eng Moosnam am In-teresse vun der Gläichstellung vu Mann a Fra, op d'mannst theore-tesch, wann och an der Praxis, wéi den Här Bausch elo dat richteg no-gewisen huet, dat net ëmmer esou ausgesäit. An dofir fannen ech och, et wiere weider Moosnamen erfuerdert fir deem Usproch méi nozekommen, an zwar wier drin-gend erfuerdert eng allgemeng Aarbechtszäitverkierzung op d'35-Stonne-Woch, wann net souguer drënner, an et wier erfuerdert dass an de Quartieren an an den Dierfer géife kollektiv Ariichtunge gescha-fe ginn am Interesse vun de Famil-len, wéi zum Beispill Geschäfte, Crèche, Guichet unique vun Ad-

ministratiounen an esou virun. Dat wiere konkret Moosnamen, wou och déi beruffstäteg Leit, déi zu zwee schaffe ginn, konkret eppes dovun hätten.

Et si jo géint déi hei Moosnam, déi jo elo definitiv am Gesetz verankert gëtt, grouss Widderstänn gi vum Patronat. Et war jo och am Gesetz vun 1999 eigentlech virgesi fir nëmme méi d'Halschent ze loos-sen no 2003 vun deem Congé pa-rental. Dat konnt elo verhënnert ginn, dofir ass dat eng Moosnam déi main Accord fënnt.

Net d'accord sinn ech mat zwee anere Punkten. Dat ass éisch-tens d'Flexibiliséierung, déi mam Ge-setz vun 1999 agefouert ginn ass an déi vun eis ëmmer ganz schaarf, an zwar vun Ufank un, kri-tiséiert ginn ass, well se am Intérêt vun de Betribler agefouert gëtt, an-deem d'40-Stonne-Woch ganz staark opgeweecht gëtt, andeem och aner maximal Aarbechtszäiten, déi am Aarbechtsgesetz stoungen, zimlech décisif opgeweecht ginn, doduerch dass ganz laang Refe-renzperioden agefouert ginn duerch déi soll gesécher ginn, dass dann op eng länger Dauer

déi maximal Aarbechtszäite garan-téiert ginn, an net während der Woch oder während dem Dag oder während dem Mount, an andeem eng ganz Rei vun aneren Ausnah-meregelingen agefouert gi sinn, an dodrënner waren och verschid-de Saachen déi hu missen no de Wahlen direkt redresséiert ginn, well se esou abwegig waren, dass dat huet misse ganz séier ge-schéien, ee Joer no deem dat Ge-setz eréischt votéiert gi war, kuerz virun de Wahlen.

Wichtig ass bei deem PAN-Gesetz vun 1999 ze wëssen, dass keng Géigeleeschtung fir déi Leit, déi schaffe ginn, dermat verbonne war. Et ass zum Beispill net zu enger Aarbechtszäitverkierzung komm zesumme mat der Flexibiliséie-rung, wéi dat awer an anere Länner weinstens usazweis de Fall war. An dofir bleiwen ech och der Mee-nung, dass dat PAN-Gesetz vun 1999 e Marché de dupes war. Dat ass och agesi gi vun anere Leit. Ech zitieren hei aus engem ge-meinsamen Avis vun OGB-L an LCGB, dee gesot huet: « L'attitude patronale négative dans les négo-ciations collectives est combinée à une loi qui rend possible une flexi-

bilisation très avancée de l'organi-sation du temps de travail, rend réel le risque d'une dérégularisa-tion du temps de travail et d'une détérioration fondamentale des re-lations sociales. » Dat soen net ech, dat soen hei déi gréisste Ge-werkschaften am Land. An et ass och richteg dass se...

**M. Aly Jaerling (ADR).**- Här Urbany, wësst Dir net dass den OGB-L an den LCGB an der Tripar-tite sëtzen?

**M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Jo. Dee Widdersproch, Här Jaerling, läit da vläicht beim OGB-L a beim LCGB, bei mir läit en net. Ech zitieren just wat déi Gewerk-schaften gesot hunn, no deem se dee Marché de dupes do, deem iw-wregens och hei an der Chamber ratifizéiert ginn ass deemools, agaange sinn. Méi hunn ech net gesot. Ech si mat mir selwer ganz am Rengen. Do kënnt Der ganz berouegt sinn.

**(Interruption)**

Wann Der mer nach e bësse Rie-dezäit iwwert mai Kont gitt, dann hunn ech guer kee Problem mat



**Chambre  
des Députés**  
L U X E M B O U R G

d'Chamber online op  
**www.chd.lu**  
mat de Rubriken

- Composition & Organisation
- Séances publiques & Commissions
- Hôtel de la Chambre
- Portail documentaire
- Web TV live

d'Chamber live **Chamber TV**  
och an der Rediffusioun all Sëtzungsdag vun 19:00 Auer un

an der Stad: um Kanal S 29 (Coditel) oder um Kanal S 40 (Eltrona/Siemens)      zu Esch: um Kanal S40 (455.25 MHz)

zu Déifferdeng: um Kanal S 29      zu Diddeleng: um Kanal S 32

an der Gemeng Nidderaanven: um Kanal S 29



lech eng Diskussioun iwwert déi Froen do ze féieren. Am anere Fall géif ech lech awer biede mech weiderfueren ze loossen.

Dat Zitat weist och drop hin, dass op där enger Säit iwwer Kollektivvertråg näischt ze erreechen ass, an op där anerer Säit d'Gesetz esou schlecht ass, dass et nëmmen Avantagé fir déi eng Säit bréngt. Dat schéngt mer zimlech kloer ze sinn. Ech sinn also radikal dergéint, dass déi Flexibiliséierungsmoossnamen do och nach weidergefouert gi bis zum Joer 2007. Ech sinn och net dermat d'accord mat deenen Aiden, déi elo hei sollen definitiv ageschriwwen ginn an d'Gesetz, un d'Betriben, quitte dass de But vläicht vun deenen Aiden, fir eng gewësse Gleichberechtigung vun de Geschlechter ze erreechen, luewenswäert ass, mä ech hu prinzipiell Bedenke géint Aiden an engem ganz groussen Ausmooss, wéi se jo awer an deene leschte Jore massiv agefouert gi si fir Betriben.

Ech fannen, wann een dat esou kuckt, Dir Dammen an Dir Hären, da mengt ee bal zu Lëtzebuerg wär eng nei Aarmut ausgebrach, déi besonnesch grave ass, an dat wier déi vun de Patronen. Fir produktiv ze sinn am Interesse vum Land mussen se Suen, fir et elo emol e bësse vulgär ze soen, hannen a vir agestach kréien, d'Patronen, an dat ënnerscheet si jo awer vun deene Leit, déi géint Loun schaffen ginn, well déi mussen esou knapp wéi méiglech gehale ginn, fir dass se net solle liddereg ginn.

#### (Interruptions)

Dat ass e fundamentalen Ënnerscheed awer, deen et hei am Land gëtt. Dee muss een awer och emol eng Kéier festhalen. Dofir, vu dass ech fir déi eng Moosnam sinn, ech awer fir déi zwou aner Moosnamen net kann anrieden hei, hunn ech jo bal nëmmen d'Méiglechkeet vun der Enthaltung, ausser et kënnt e Vote séparé zu deenen eenzelne Punkte vun dësem Gesetz.

Ech soen lech merci.

■ **M. le Président.** - D'Wuert huet elo den Här Aarbechtsminister François Biltgen.

■ **M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll emol fir d'éischt dem Marcel Glesener merci soe fir dee Bericht, deen net nëmmen ausféierlech ass, mä deen hien och effektiv a ganz kuerzer Zäit verfaasst huet. Hien huet och hei mëndlech eigentlech alles wierklech gesot ëm wat et geet. Ech ginn dofir och net méi op alles an, mä ech huele just Stellung zu e puer Saachen, déi hei gesot gi sinn.

Dat éischt ass emol d'Verhältnis Tripartite a Chamber. Huet d'Chamber hei näischt méi ze soen? Wat ass d'Roll vun der Tripartite? Déi Fro war doudsécher berechtigt wéi mer dat groust PAN-Gesetz 1999 hei gestëmmt hunn, well eng ganz Partie Saachen an dem grouse Pak, e gudde Pak hunn ech jo haut nach héieren, gestëmmt goufen, déi an der Tripartite erauskoumen, mä déi elo net onbedéngt direkt an der Kompetenz vun de Sozialpartner leien. Wa mer elo kucken ëm wat et an dësem Rumpfprojet hei geet, da sinn et zwou Saachen haaptsächlech, ofgesi vum Sexe sous-représenté, dat ass awer elo méi e mineuré Punkt, dass dee verlängert gëtt, mä e muss jo souwisou reforméiert ginn, an dat kënnt jo beim zweeten Dëngen no.

#### (Interruption)

Mineuré Punkt an der Discussion politique, Madame Wagener. Huelt do all meng Excusen un. Ech kommen nach eng Kéier drop zrëck.

Et geet ëm zwee wichteg politesch Punkten, deen een ass de Congé parental, dat anert ass d'Flexi-sécurité.

Congé parental, dat ass eng Aufgab um europäesche Plang vun de Sozialpartner, an ech fannen et nëmme richtig, dass just op deem Punkt, well et war en europäeschen Accord tësche Sozialpartner, deen de Congé parental verfaasst huet, dass do d'Sozialpartner versichen doriwwer eens ze ginn. Dat war schwierig 1998. Dofir ass en dunn an de PAN mat eriwuergeholl ginn an do huet en eng Nues kritt, déi de Congé parental iwwerhaapt net huet, mä do hu mer gesot, ma dat ass och wichteg fir d'Aarbechtsmaartpolitik. Dat ass net d'Zil vum Congé parental, dat ass en Nieuwprodukt, dat kann en Nieuwprodukt sinn. Den Alexandre Krieps huet d'Zuele genannt. Et sinn der wéineg, déi direkt eng Aarbechtsplaz fonnt hunn, mä vun deenen, déi eng Aarbechtsplaz fonnt hunn, an dat ass awer richtig, haten der vill esou eng Chance kritt fir definitiv ze bleiwen.

Et dierf een awer net vergiessen, dass mer de Congé parental elo an enger Zäit haten, wou mer Pénurie de main-d'oeuvre wierklech manifeste haten, mir hunn der nach ëmmer. Mä mir hate se manifeste, wat och erkläert, dass een ebe Schwierigkeeten hat Leit ze fannen, wat nach wie vor erkläert wuerfir virun allem déi kleng Betriben géint de Congé parental am Allgemenge sinn, mä et ass en Accord tëschent den europäesche Sozialpartner.

Déi eenzeg Fro, déi sech elo zu Lëtzebuerg gestallt huet, dat war: Gi mer op dräi Méint zrëck, wéi d'Gesetz vun 1999 et virgesinn huet, oder bleiwe mer bei sechs Méint fir d'Zukunft an da mussen mer en neit Gesetz maachen? An do si mer eis eens ginn, dass mer gesot hu mir bleiwe bei sechs Méint. Bei deem Projet, deen elo nach kënnt, wou de Congé parental méi einfach gemaach gëtt, do wäerte mer versichen enger Partie vu berechtigter Forderung vum de Betriben, fir dat kënne besser ze géréieren, entgéint ze kommen.

Mä nach eng Kéier, de Congé parental betrëfft d'Sozialpartner an do solle si och federführend sinn. Si hunn, Här Bausch, effektiv net gelaut op déi Virschléi vum KPMG, et ass do keen Accord komm. Ech mengen nach wie vor, dass een och de Sozialpartner soll Politik iwerloossen, do wou et si direkt betrëfft, an dat ass haaptsächlech dat wat am Betrib selwer leeft.

An da kommen ech op d'Flexi-sécurité. Et ass näischt méi wichteg, dass de Betrib, awer an engem Sozialdialog selbstverständlech, net einfach vun uewen erof, kann do Arrangementer treffe vu Flexi-sécurité. Och do ass et dofir wichteg, dass mer mat de Sozialpartner kucke wéi mer do eens ginn. Do sinn d'Meenungen 1998 auserne gaangen a si sinn och 1999 auserne gaangen, si ginn nach haut auserneen, a wann Der d'Vertrieder frot, da soen d'Patronatsvertreider, dass iwwerhaapt keng Flexibilität dran ass. Wuerfir? Well déi heite Chamber deemools de berühmte POT erfondt huet, dee mer mëttlerweile reforméiert hunn, fir dass et soll méi praktesch kënne goen, och hei mat enger larger Majoritéit. Mä d'Patronat seet, déi do te Flexibilität, à ce stade bréngt se eis näischt. Währenddeems op där anerer Säit gesot gëtt: D'Sécurité ass net do.

Elo kënnt derbäi, dat doten ass e Gesetz, dat ass 1999 a Kraaft gesat ginn. Mir hunn et 2001 reforméiert, ech mengen den Dezember 2001 - wann ech et gutt am Kapp hun, an dat huet bis elo nëmme gepillt an enger Period wou d'Croissance esou héich war an den Emploi esou séier gewuess ass, dass mer wierklech iwwerall op eise Aarbechtsmaart Tensiounen haten, well net genuch Leit do waren -, esou dass et och ganz schwierig ass elo definitiv ze soen, huet dat doten elo eppes bruecht oder huet et näischt bruecht.

Dobäi kënnt, dass an deenen Diskussiounen, well et ass jo och nach

en Artikel, dee mer verlängeren, an zwar deen dass d'Sozialpartner an de Kollektivvertråg mussen obligatoresch iwwer all déi dote Punkten diskutéieren, dass d'Sozialpartner sech schwierig gedoen hunn iwwerhaapt hei zueneen ze fannen, well effektiv d'Patronat gesot huet, ma all Aarbechtszäitreduktioun, wa mer scho keng Leit fannen, bréngt näischt, währenddeems op där anerer Säit d'Gewerkschaften gesot hunn, mir mussen och eng Kéier kënne iwwer Aarbechtszäit diskutéieren, soss wëlle mer net méi iwwer Referenzpunkten diskutéieren.

Et sinn awer mëttlerweile eng ganz Partie Événementer geschitt, och am Dialog tëschent de Sozialpartner. Och do ware mer du schlussendlech eens alleguer fir ze soen, mä déi dote Bestëmmungen, déi mer 1998 gemeinsam ausgeheckt hunn, déi solle mer elo nach eng Kéier verlängeren. Am Ufank war et esouguer esou, datt déi sollten indefiniment verlängert ginn. Herno sinn d'Gewerkschaften komm a soen, ob een net kënnt eng Zäit fixéieren. Do hu mer déi Zäit fixéiert, déi hei scho genannt gouf, nämlech bis den 31.12.2006 d'Evaluatioun ze maachen an da bis den 31. Juli 2007 hei uerdentlech kënnen doriwwer ze diskutéieren.

Dat war och eng Proposition vum Aarbechtsminister, dass hie gär Datumen hätt, wou een Zäit huet dertëschtent ze schaffen, an och Datumen, déi net esou no bei de Wahle sinn, dass et just herno keng ordentlich Diskussioun méi gëtt. Déi Datumen hu mer du festgehalten an da kucke mer, well aacht Joer hu mer dann, wou dann déi Moosname gepillt hunn, an da fanne mer scho besser eraus, wat mat deene Moosnamen ze geschéien huet an Zukunft oder net. Well et ass en Ënnerscheed, ob een dat an Héichkonjunktur- oder a méi Niddregkonjunkturzäite kuckt. A wa mer emol déi zwou Perioden kucken, da gesi mer wat dat eent an dat anert bréngt.

Ech sinn iwwerzeegt beim Congé parental, elo wou mer erëm méi Chômage hunn, gi méi Leit fonnt. Ech weess awer net, ob der nach esou vill eng Chance hunn am Betrib ze bleiwen. Dat alles muss ee kucken an dat muss een dann uerdentlech studéieren.

Da kommen ech nach op e Punkt, deen och hei opgeworf gouf, den dramateschen Opstieg vum Chômage, an de Statec hätt gesot dee géif op 6% klammen, dat hunn ech och an den Zeitunge gelies. Do muss een dat liesen, wat de Statec geschriwwen huet. Ech zitieren lech, wat de Statec iwwert de Chômage seet: « Le taux de chômage inscrit est en légère baisse depuis le début de l'année 2003, 3,6% en mai contre 3,8% en janvier. De plus, le taux de chômage semble ne plus accélérer. En mars 2003 la variation annuelle était encore de 33%, en mai elle a légèrement diminué à 31%. Néanmoins le taux de chômage corrigé des variations saisonnières continue de progresser, 3,8% en mai contre 3,4% en janvier », an dee géif da bis d'Joer 2005 op 4% kënne goen. Déi 6%, dat ass wann een en Taux de chômage au sens large hëlt. Wou mer elo op 5,2% sinn, wäere mer op 6%. Dat ass fir mol dat Gefill ze bremmen, wou ech elo schon e puermol dobassen drop ugeschwat gi sinn, ob mer elo vun 3,6% op 6% klammen? Neen, vu 5,2 op 6% wa mer alleguer déi huelen, déi an de Mesuré sinn, a vun 3,6 op 4% beim normalen Taux de chômage.

Obwuel mer Aarbechtsplazen nach ëmmer schafen zu Lëtzebuerg, klëmmt den Taux de chômage automatesch. Dat ass eng Corrélatioun tëschent Taux de chômage, Création d'emploi a wirtschaftlech Wuesstum. Zu Lëtzebuerg huet de Statec ausgere-

chent, dass fir en automatesche Réckgang vum Chômage ze kréien, mer eng Augmentatioun vum Emploi brauche vun 3% an e wirtschaftleche Wuesstum vu 5%. Dat ass ganz vill.

Woufir ass dat esou vill? Mä well mer zu Lëtzebuerg e klengen Aarbechtsmaart sinn a well mer an der internationaler Konkurrenz sinn. All Plaz déi zu Lëtzebuerg geschafe gëtt, déi gëtt tëschent den Arbeitnehmer an engem Konkurrenzkampf an der Groussregioun ausgespillt, an do ass d'Proportion fir Leit, déi zu Lëtzebuerg keng Schaff hunn, eng Aarbecht ze kréie méi kleng wéi déi vun de Grenzgänger, einfach weinst deem grouse Konkurrenzkampf, deen do ass. Dat heescht, mir mussen einfach wessen, dass de Chômage nach weiter wiisst. Wa mer e wëlle bekämpfen, mussen mer och wësse wéi mer e kënne bekämpfen. Allgemeng Moosnamen, fir ze soen, mir mussen elo kucke méi Emploi ze kréien, dat räist net, tout simplement well mer domadder déi Leit, déi eng Schaff sichen, nach net op deene Plazen hunn, déi opstinn.

Wat mer also mussen maachen a wat mer maachen, an do hu mer eis 1998 e risegen Arsenal ginn, vun deem ech wierklech net weess wéi mer en nach kënne méi grouss maachen, besonnesch wann ech kucken, wat am Ausland geschitt, do ass virun allem déi individuell Behandlung vun de Leit. Wa mer gär Leit op eng Aarbechtsplaz hätten, da mussen mer kucke Mobilitéit a Formatioun weider ze dreien.

Virun e puer Deeg hu mer zesumme mat der Administration de l'Emploi a mat der Horesca eng Mesure virgestallt, wou véier Leit eng Schaff kruten. Et ass eng Initiativ déi ganz interessant ass, wou mer gesot hunn, et si Leit, déi verléieren hir Plaz op der Bank, kommt mir kucke fir déi eriwuer ze kréien an den Accueil vun Hotelén, well do brauch ee Leit déi Informatik kënnen, déi Sproche kënnen. Dat ass och e Problem vu Mobilitéit. Och e Problem vu Pai. Mir hunn et faerdeg bruecht zwee Léiergänger ze hunn, wou Leit och eriwuer gaange sinn. Där Moosname si mer der dauernd amgang ze entwéckelen. Dat sinn ni 100 Leit beieeneen, dat sinn der ëmmer nëmmen hei e puer, do e puer, mä et ass iwwert dee Wee wou een eppes ka maachen.

An da wëll ech nach äntwerten op déi Diskussioun „maintien de l'emploi“, déi de Statsminister ugekënnegt huet. Ech si mat de Sozialpartner amgang doriwwer ze diskutéieren, woubäi ech lech näischt verheemleche wann ech soen, dass d'Patronat aus enger ganz Partie vun Ursaachen, déi och zum Deel nozevollzéie sinn, ech wëll net soen, dergéint sinn, mä retizent sinn, well se soen, wann s du Hëllef gëss fir Maintien de l'emploi, sinn dat net Aides directes, hëllef du do net kranken Dauwe bei de Betriben an déi aner si benodeelegt. Dat sinn also alles Diskussiounen, déi mer amgang sinn ze féieren, mä d'Iddi ass dass mer d'Artikelen 43 a 44 huelen, déi mer elo hunn, a se erlichteren, fir net nëmme Création d'emploi mä och Maintien de l'emploi ze maachen. Wéi gesot, déi Diskussiounen lafen nach, ouni dass ech elo ka soen, wou mer erauskommen.

Woufir hunn déi Artikele bis elo net fonctionnéiert, den 43 a 44, an anerer, an och an Zukunft net? Well ni Betriben ee fonnt hu fir nei an de Betrib eranzekommen, wann een aneren Deelzäitarbecht geschafft huet. Hei geet et ëm d'Deelzäitarbecht insgesamt an den Artikelen 43 a 44 vum PAN-Gesetz. Dat ass de Problem, an deen hu mer och an Zukunft. Obwuel eise Chômage klëmmt, hunn eis Betriben nach dauernd Schwierigkeeten fir déi Leit déi se sichen un Lëtzeburger Aarbechtsmaart alleguer kënnen ze rekrutéieren. Och déi, déi mer esou wäit hunn, dass se do wierklech prioritär drop rekrutéieren. Dat mécht nach laang net all Betrib. Mä

och déi, déi prioritär hei rekrutéieren, hu Schwierigkeeten Leit ze fannen, well eben déi Leit, déi keng Schaff hunn, net onbedéngt déi sinn, déi op déi Plaz passen, wou Plazen opstinn.

Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet vun haut ass een dee scindéiert gouf opgrond vum Avis vum Statsrot, dee gesot huet, ech hunn nach keng Avisé vun de Chambres professionnelles, a weider gesot huet: Déi kleng Saachen - déi awer grouss Auswirkungen hunn, Madame Wagener -, déi kucke mer a Rou, wa mer d'Avisé vun de Chambres professionnelles hunn.

Do kënnt och nach eng Kéier déi Diskussioun vum Sexe sous-représenté. Ech wëll dofir net dozou Stellung huelen, mä just eppes richtig bëien, wat den Här Bausch gesot huet, nämlech dass mer dee schlechtesten Taux d'emploi féminin no Griicheland hunn. Neen, Dir hutt al Zifferen. A wa mer op engem Punkt wierklech Progrès gemaaht hunn, dann ass et um Taux d'emploi féminin. A wann ech beim Taux d'emploi féminin nëmmen d'Fraen huelen tëschent 25 a 55 Joer, net déi vu 15 bis 65, mä tëschent 25 a 55 Joer, dann hu mer en Taux d'emploi vu 60%. Dat ass deen op dee mer insgesamt misste kommen. Dass der manner schaffe vu manner wéi 25 Joer, stéiert mech net, well dat Frae sinn a Meechercher, déi studéieren, wat fréier net de Fall war.

Mir hunn natierlech e risegen Ofbroch no 50, 55 Joer. Mir hunn do schon ee bei de Männer. Do si mer méiglecherweis méi schlecht wéi d'Belsch. Do si mer déi Allescht bei deenen Eeleren, déi net schaffen. Bei de Fraen ass dat dramatesch, mä op där anerer Säit ass et awer erkläerlech, well déi Fraen, déi haut 55 Joer hunn, wéi déi ugefaangen hu mat schaffen, do ware se schon zu rose weineg. Dat ass de Principe des cohortes an der Statistik. Dat heescht, do hunn der weineg ugefaangen, an dat kënnen der haut net méi gi sinn, wéi déi déi ugefaangen hunn. Deemoools hunn déi Fraen och vill manner Studië gemaach, esou dass dat der ganz vill sinn, déi a manuelle Beruffer schaffen a wou selbstverständlech de Verschlaiss bei 55 Joer vill méi grouss ass an et vill méi normal ass, dass déi sech an enger Pensioun erëmfannen.

Den Taux d'emploi féminin ass net dat grousst Suergkand. Ech sinn iwwerzeegt, dass dee mat all deene Mesuren, déi mer schon hunn an nach solle verstärken, bis 2010 op 60% ugewuess ass. Dass mer eppes wëlle maache fir de Sexe sous-représenté huet manner eppes mam Taux d'emploi féminin ze dinn, mä huet och eppes mat Gerechtegkeet ze dinn a mat Egalité des chances op der Aarbechtsplaz.

Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, dat waren déi puer Wieder, déi ech hei wollt verléieren, an ech hoffen dass Der dëse Projet stëmme kënnt, dass mer keng Rupture kréien an eise legale Paysage nom 31. Juli wat verschidden Dispositionen ubelaangt.

■ **M. le Président.** - D'Diskussion ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 5143 a stëmmen driwwer of.

#### **Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)**

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 5143.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.



De Projet de loi 5143 ass mat 40 Jo-Stëmmen an 18 Enthaltungen ugeholl.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Paul-Henri Meyers), M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert (par M. Marco Schank), Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Gusty Graas), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. John Schummer), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rip-pinger, Marco Schroell (par M. Xavier Bettel), John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen (par M. Aly Jaerling), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Robert Mehlen) et Robert Mehlen.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Georges Wohlfart), MM. Ben Fayot, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Jos Scheuer (par M. Jeannot Krecké), Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Mars Di Bartolomeo);*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass esou decidéiert.

Mer kommen dann zur Diskussioun iwwert de Projet de loi 5114. D'Riezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et sinn ageschriwwen: déi Hären Zanussi, Bettel, Jaerling a Bausch. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Marcel Glesener.

6. 5114 - Projet de loi portant modification a) de la loi modifiée du 4 avril 1924 portant création de chambres professionnelles à base élective; b) de la loi modifiée du 18 mai 1979 portant réforme des délégations du personnel; c) de la loi modifiée du 6 mai 1974 instituant des comités mixtes dans les entreprises du secteur privé et organisant la représentation des salariés dans les sociétés anonymes; d) du code des assurances sociales

**Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi**

■ M. Marcel Glesener (CSV), rapporteur.- Merci, Här President. Kolleeгинnen a Kolleegeen, d'Gesetz vum 10. Februar 2003 ännert d'Artikelen 51 an 52 vun eiser Verfassung, an zwar gëtt den Alter fir d'passivt Wahlrecht bei politesche Wahlen vun 21 Joer op 18 Joer erof-gesat.

Wat fir déi politesch Wahlen ubruecht a richtig ass, kann net falsch si fir d'Sozialwahlen, an deem zur Folleg gesäit de Projet, dee mer haut zur Ofstëmmung virleien hunn, vir, fir Kandidat bei de Sozialwahlen ze sinn, een dat scho maache ka mat 18 Joer. Bis dohi waren et 21 Joer. Dat zielt fir d'Delegatiounswahlen, fir d'Beruffschamberwahlen an d'Krankekeesewahlen. Déi Wahlen sinn den 13. November vun dësem Joer a folglech war et ubruecht fir schnell ze légiféréieren, well soss d'Wielerlëschte net méi hätte kënnen opgrond vun deenen neie Bestëmmungen opgestallt ginn.

Doriwwer eraus ginn nach verschidde Bestëmmunge verbessert, déi dat passivt Wahlrecht fir d'Ausländer betreffen. Ech ginn elo net do drop an. Dat fannt Der am Detail am schréffleche Rapport, deen lech alleguerte virläit.

Verschidde Beruffschamberen, Här President, Kolleeгинnen a Kolleegeen, hunn nach eng Rei weider Verbesserunge verlaangt. Mir waren awer der Meenung, an do hu mer de Statsrot erëm eng kéier begéint, datt mer wëssen datt d'Regierung amgaang ass e grouse Reformprojet auszeschaffe wat d'Delegatiounswahlen an all déi aner Wahlen betrëfft, datt et elo net ubruecht wier fir déi Diskussioun elo ze féieren, well mer dann ze spéit géife kommen, mä datt mer dat zum gegebene Moment da maachen an op déi Wënsch aginn, déi sämtlech Beruffschambere bei dësem Projet presentéiert hunn.

Voilà, dat ass schonn alles. Also nach eng kéier ganz kuerz...

**(Interruptions)**

Mir proposéieren also fir eng breet Zoustëmmung ze kréien, fir de Wahlalter op 18 Joer erfzesetzen.

Ech soen lech merci. Ech ginn och d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun.

■ Plusieurs voix.- Très bien.

■ M. le Président.- Als éischte Festriedner ass den Här Zanussi agedroen.

**(Hilarité)**

■ Une voix.- A wou ass en dann?

**Discussion générale**

■ M. Lucien Lux (LSAP).- Ech weess net ob ech et fäerdeg bréngen den Här Zanussi ze ersetzen. Ech wollt awer den Accord vun der LSAP-Fraktioun bréngen.

■ M. le Président.- Nächsten ass den Här Bettel.

■ M. Xavier Bettel (DP).- Här President, ech soen lech merci. Ech soen och dem Här Glesener

merci fir de schréfflechen an dee kuerze mëndleche Rapport, dee mer hei gemaach hunn.

De Projet ass awer wichteg, wann een A seet bei deenen enge Wahlen, ass et och normal dass ee B seet bei de Sozialwahlen. Deen eenzege Problem dee schonn do ass, ech hunn dat och an der Kommissioun opgeworf, an den Här Minister sot, hie géif dat eng kéier op de Métier huelen, dat ass dass elo fir déi jonk Leit, well et kann ee jo scho mat 15 Joer schaffe goen an déi jonk Leit hu jo awer dann net d'Méiglechkeet fir zum Beispill bei de Sozialwahlen deelzehuelen. Et schéngt wéi wann d'Madame Brasseur elo d'Schoufflicht, also den Alter, bis op 16 Joer géif eropsetzen.

**(Interruptions)**

Pardon, mir stëmme. Mir kréien et jo virgeschloe vun deenen aneren.

**(Interruptions)**

Här President, wann d'Sozialiste roueg wären, da kéint ech weider fueren. Ganz einfach dass een och eng kéier soll kucke fir iwwert déi Problematik ze schwätzen. Op jidde Fall bréngen ech heimat och den Accord vun eiser Fraktioun, vun der demokratescher Partei.

■ M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Jaerling.

■ M. Aly Jaerling (ADR).- Här President, nodeem dass den Här Rapporteur esou kloer ass, hunn ech och keng aner Wiel wéi den Accord vun eiser Fraktioun ze ginn.

■ M. le Président.- Den Här François Bausch.

■ M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, mir stëmmen dëse Projet selbstverständlech, och wa mer bedauern datt nach emmer eng Restrictioun ass par rapport zum Accès aux fonctions de délégué du personnel par rapport zu Ausländer, déi net communautaire sinn. Aus bekannte Grënn déi hei geschildert gi sinn, war et net méiglech dat hei elo esou schnell mat ze regléieren. Mir hoffen datt dat awer nogeholl gëtt, fir datt mer déi Diskriminatioun do nach kënnen ophiewen.

■ M. le Président.- Den Här Aarbechtsminister François Biltgen.

■ M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Den Här Glesener huet dat excellent gemeet an ech wëllt mech dann deem allgemenge Cortège uschlëissen an ech hoffen, dass mer dat elo stëmme.

■ M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 5114 a stëmmen driwwer of.

**Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)**

D'Artikelen 1 bis 4 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmme elo of iwwert de Projet 5114.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi 5114 ass eestëmmeg ugeholl mat 53 Jo-Stëmme.

*Ont voté oui: M. Lucien Clement (par M. Nico Loes), Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert (par M. Marco Schank), Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly*

<b>Sommaire des séances publiques</b>	
4827 - Projet de loi relatif aux personnes handicapées et portant modification	
1. de la loi modifiée du 26 mai 1954 réglant les pensions des fonctionnaires de l'Etat,	
2. de la loi du 22 avril 1966 portant réglementation uniforme du congé annuel payé des salariés du secteur privé,	
3. de la loi modifiée du 12 mars 1973 portant réforme du salaire social minimum,	
4. de la loi modifiée du 30 juin 1976 portant 1. création d'un fonds pour l'emploi; 2. réglementation de l'octroi des indemnités de chômage complet,	
5. de la loi modifiée du 19 juin 1985 concernant les allocations familiales et portant création de la caisse nationale des prestations familiales,	
6. de la loi modifiée du 27 juillet 1987 concernant l'assurance pension en cas de vieillesse, d'invalidité et de survie,	
7. de la loi modifiée du 3 août 1998 instituant des régimes de pension spéciaux pour les fonctionnaires de l'Etat et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des chemins de fer luxembourgeois,	
8. de la loi modifiée du 28 juillet 2000 ayant pour objet la coordination des régimes légaux de pension et	
9. du Code des assurances sociales	pages 876-882
4801 - Projet de loi sur la violence domestique portant modification 1) de la loi du 31 mai 1999 sur la police et l'inspection générale de la police; 2) du code pénal; 3) du code d'instruction criminelle; 4) du nouveau code de procédure civile	
pages 882-890	
5085 - Projet de loi portant	
- modification de la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier;	
- modification de la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier;	
- modification de la loi modifiée du 31 mai 1999 régissant la domiciliation des sociétés	pages 890-892
5158 - Projet de loi portant renforcement du cabinet des juges d'instruction près le tribunal d'arrondissement de Luxembourg et portant modification de la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire	
pages 892-893	
4863A - Projet de loi modifiant la loi du 10 juin 1999 relative aux établissements classés	
4863B - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 27 novembre 1980 ayant pour objet la création d'une administration de l'environnement	
Interpellation de M. Camille Gira sur l'application de la loi commodo-incommodo	pages 893-904
4832 - Projet de loi instituant un médiateur	
4798 - Proposition de loi sur l'instauration d'une ombudspersonne	
pages 904-911	
4609 - Proposition de loi relative à la réhabilitation des volontaires de l'Espagne républicaine	
pages 911-914	
5003 - Projet de loi portant réorganisation de l'Institut viti-vinicole	
pages 914-918	
5115 - Projet de loi portant approbation du Protocole portant modification de la loi uniforme Benelux en matière de dessins ou modèles, signé à Bruxelles, le 20 juin 2002	
page 918	
5143 - Projet de loi portant modification des articles XXIV et XXX de la loi modifiée du 12 février 1999 concernant la mise en œuvre du plan d'action national en faveur de l'emploi 1998	
pages 918-924	
5114 - Projet de loi portant modification	
a) de la loi modifiée du 4 avril 1924 portant création de chambres professionnelles à base élective;	
b) de la loi modifiée du 18 mai 1979 portant réforme des délégations du personnel;	
c) de la loi modifiée du 6 mai 1974 instituant des comités mixtes dans les entreprises du secteur privé et organisant la représentation des salariés dans les sociétés anonymes;	
d) du code des assurances sociales	page 924

*Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. John Schummer), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Alexandre Krieps, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rip-pinger, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Mars Di Bartolomeo, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer (par M. Jeannot Krecké) et Georges Wohlfart;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Jacques-Yves Henckes) et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

Mir sinn domat um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass mar a fänt um néng Auer un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

**(Fin de la séance publique à 20.39 heures)**